

Et ass gesot ginn, dee Montant muss gehéicht ginn, well zevill Affären um Geriicht sinn. Mir hu vill nei Riichter an agestallt an dëser Legislaturperiod. Fir mech ass dat de richteg Wee. Et soll een net kucke fir d'Gerichter ze désengorgéieren andeem een den Appel a verschiddene Punkten ofschaaft. Ech mengen, den double degré de juridiction ass ganz, ganz wichteg fir de Bierger, well en d'Gefill huet, dass en d'Méiglechkeet huet, wann e mat engem éischten Uerteel net averstanen ass, awer Appel ze maachen.

Op jidde Fall bréngen ech den Accord vun der Demokratescher Partei.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt just nëmmen den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen. Et ass wichteg, datt mer e puer prozedural Vereinfachunge maachen, déi dem gesonde Mënscheverstand entspriechen an dofir kënn Den och op d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun rechnen zu dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, mir soe Jo zu deem Projet.

M. le Président.- Den Här Minister seet och Jo. Da maache mer elo d'Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmme elo of iwwert de virleien de Gesetzesprojet 5213.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmme an 1 Abstentioun ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.

Théo Stendebach, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Théo Stendebach) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch et M. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

An da kéime mer zum Projet de loi 5232 iwwert d'Akommessteieren. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké a Rippinger.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupt.

11. 5232 - Projet de loi portant modification de certaines dispositions de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu et de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupt (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5232 huet éischens als Objektiv d'Ëmsetzung vun enger Direktiv vun der Europäescher Kommission, déi am Fong geholl d'Ofschafe vun der Duebelbesteuerung op den Zësen a Redevancen, déi grenziwwerschreidend vun enger Gesellschaft un eng aner associéiert Gesellschaft oder en Établissement stable ausbezueelt gëtt.

Dës Ofschafung vun der Duebelbesteuerung geschitt doduerch, dass d'Redevance à la source, d'Besteuerung à la source op den Zësen an de Redevancé soll ausbezueelt ginn.

En zweeten Objektiv ass am Fong de Corollaire vun dem Ëmsetze vun der Direktiv. De Projet gesäit vir, dass all déi Elementer vun dem Verméigen, déi en Non-résident bei eis, oder an esou engem Land huet, an iwwert déi en déi Revenuë bezitt, dann och vun der Verméigenssteuer befreit ginn an doduerch gëtt den Artikel 77 vun dem Bewäertungsgesetz ëmgeännert.

En drëtten Objektiv ass dee fir verschidden Ëmännerungen um Steiergesetz virzugesi fir méi Klarheet an d'Gesetz eranzebréngen. Dat sinn d'Artikele 15, 59, 113, den Alinéa 8 vum Artikel 156, an den Alinéa 6 vum Artikel 154 vum Steiergesetz. Ech wëll net an d'Detailer vun deenen Artikelen agoen.

E véierten Objektiv ass dee fir eis Dispositiounen, déi am Gesetz virzesi sinn, an zwar am Artikel 164bis vum Steiergesetz iwwert d'Intégration fiscale an deen iwwert de Besteuerungsregime vun de Mammen- an Duechtergesellschaften, déi am Artikel 166 vum Steiergesetz virzesi sinn, méi kloer un d'Dispositiounen vum europäeschen Traité unzepassen.

Ganz kuerz wat d'Ëmsetze vun der Direktiv ubelaangt. D'Direktiv gesäit also vir, datt d'Bezuele vun Zësen a Redevancen tëschent associéierte Gesellschaften, déi an zwee verschiddenen EU-Länner etabléiert sinn, am Fong geholl vun der Retenue à la source befreit sinn. Wéi gesot, den Objektiv dovun ass fir d'Duebelbesteuerung ze verhënneren. D'Direktiv gesäit d'Méiglechkeet vun enger Derogatioun vir an deem Fall vu Créancen, vun deenen eng Klausel vun enger Gewënnbedeelegung virgesinn ass.

Eis Gesetzgebung gesäit de Moment just nach vir, dass eng Retenue à la source fir Non-résidenten am Fong geholl just op den Zësen fir Hypothéksscholden, dat heescht Scholden, déi am Registre des hypothèques agedroe sinn, ka gemaach ginn, och nach beim Ausbezuele vun engem Undeel un engem Benefiss un ee Créancier, wat d'Klausel vun enger Gewënnbedeelegung virgesäit an drëtten déi supplementär Zësen, déi un den Obligataire, dat heescht un de Besëtzer vun Obligatiounen bezueelt gëtt, wann d'Obligatioun virgesäit, dass eng Benefissbedeelegung ka virgeholl ginn.

Am Prinzip ass déi Besteuerung, déi Retenue à la source ëmmer vir-

gesinn an dem Duebelbesteuerungssofkomme wat mer mat deene verschiddene Länner hunn an am Prinzip ginn déi Zësen am Fong nëmmen do besteiert wou de Bénéficiaire wunnt. D'Duebelbesteuerungssofkomme gesäit awer ëmmer vir, dass eng minimal Besteuerung à la source ka gemaach ginn. Esouwuel fir d'Zësen wéi fir d'Redevancé gesäit also elo eist Gesetz vir, fir déi vun der Retenue à la source ze befreien. D'Gesetz geet an deem Sënn méi wäit, well virgesinn ass, datt net nëmme vun de Redevancen an den Intéréten, déi tëschent associéierte Gesellschaften ausbezueelt ginn, mä déi egal un en Non-résident ausbezueelt ginn, dat heescht, och wann dat eng Privatpersoun ass, keng Retenue à la source méi gemaach gëtt. Mä de Projet mécht de Gebrauch vun der Derogatioun, déi an der Direktiv virgesinn ass, dat heescht, datt déi Zësen, déi am Fong geholl an enger Klausel vun der Bedeelegung vum Benefiss virgesi sinn, de Moment nach ëmmer der Retenue à la source ënnerleien.

Voilà, d'Chambre professionnelle an de Statsrot hunn en Avis favorable zu dësem Projet ofginn. D'Kommissioun huet och unanime de Rapport vun der Kommissioun ugehall a si proposéiert lech, d'Gesetz esou ze stëmme wéi et hei am Rapport annexéiert ass an ech bréngen domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, vu datt dat do e Bestanddeel ass vun deem Paquet fiscal, deen u sech ofgemaach gi war schon 1997 ënner Lëtzebuerger Présidence, bréinge mir och den Accord no den Explikatiounen vum Rapporteur, dee wéi ëmmer dat ganz explizit gemaach huet. Domat soen ech lech merci, Här President.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, et wonnert mech, dass den Här Krecké net kritiséiert, dass dat esou laang gedauert huet, well et schon 1997 ënner hirer Herrschaft zustane komm ass. Mä ech wëll dem Här Haupt villmools merci soe fir säin excellente Rapport a well hien deen esou gutt gemaach huet, stëmme mir et och.

M. le Président.- Mir kommen dann zur Lecture vun den Arti-

kelen a stëmme iwwert de Projet of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmme elo of iwwert dat virleien de Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 52 Jo-Stëmme an 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Lydia Mutsch), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eiselem Ordre du jour vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass um hallwer véier. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.20 heures)

Ordre du jour

- 5092 - Projet de loi portant organisation des lycées et lycées techniques
(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)
- 5113 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil économique et social et portant modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Anne Brasseur et M. François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.33 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo als éischte Punkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5092 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën an den technesche Lycéeën. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn agedroen den Här Wiseler, d'Madame Delvaux, den Här Meisch, d'Madame Reuter an den Här Scheuer. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

1. 5092 - Projet de loi portant organisation des lycées et lycées techniques

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee virleien de Projet de loi ass den 29. Januar d'lescht Joer deponéiert ginn. En ass aviséiert gi vun der Chambre des Employés privés a vum Statsrot, an d'Syndikater - APESS, Fiduse, CGFP, SEW, OGB-L - hu souguer eng Pétitioun lancéiert géint dese Projet de loi, wou se bestëmmten Ännerunge gäre gehat hätten, an op Basis do dovunner hate mer si zesumme mat der Pétitiounskommissioun de 4. Dezember 2003 gehéiert.

Op Basis vun all dësen Avisen an Aussoen hu mer eis Aarbechten an der Chamberskommissioun ugefaangen. Ech wëll hei profitéieren, fir alle Kollegen, sou gutt deene vun der Oppositioun wéi deene

vun der Majoritéit, e ganz häerzleche Merci ze soen, sou gutt fir déi Schrëftlech wéi fir déi mëndlech Amendementer, déi erakomm sinn. Well ech kann lech versécheren, vun dësem Projet de loi sinn nach vläicht eng hallef Dosen Artikelen, déi ouni Amendementer hei wäerten duerch de Plenum goen, wat drop schlësse léisst, dass mer intensiivst un dësem Text geschafft hunn, wou och en Avis complémentaire vum Statsrot dozou vläit.

Dese Projet de loi gëtt am Volleksmond, wann ech dat esou dærf soen, normalerweis mat Autonomiesgesetz ëmschriwwen, mä et ass am Fong geholl wäit méi. Well et sinn am Fong geholl dräi Voleten, déi an dësem Gesetz beliicht ginn. Éischens gëtt hei definéiert, wat d'Roll vun dem Lycée respektiv vun der Schoul ass. Et gëtt hei definéiert, wat dann d'Autonomie vun de Lycéeën ass. An dat drëtt ass, datt d'Strukture vun de Lycéeën definéiert ginn, respektiv vun de

Partner, déi an der Schoul sinn. Et gëtt definéiert wéi se schaffen a wéi se Décisiounen an Iddie kënnen erabréngen an de Fonctionnement vun der Schoul.

D'Philosophie, déi dësem Gesetz ennerläit, ass am Fong geholl d'Erkenntnis, dass een d'Lycéeën net méi onbedéngt esou ka gëreieren, wéi een et momentan nach mécht, mat der Iddi, datt een eng zentral Autoritéit huet, an dat ass dann de Ministère; an dann huet ee Lycéeën, déi alleguerten no deem nämlechte Schema musse funktionéieren. Mir stellen ëmmer méi fest, datt d'Schoulpopulatioun wäit méi zahlreich ass, dass se ganz einfach aneschtens ass, dass d'Elteren och e ganz anert Liewen hunn. Dofir muss een och méi d'Schoule kënne op de Rhythmus an op d'Liewensphilosophie vun der Schoulpopulatioun astellen.

Déi ganz Problematik an dësem Gesetz war am Fong geholl ëmmer, eng richteg Gewichtung ze fannen tëschent deene Kompetenzen, déi mer dann zentral an dem Ministère loosse, an deene Kompetenzen a Méiglechkeeten, déi mer deem eenzelne Lycée wëlle ginn. Déi dräi Volete wäert ech dann och eenzel analyséieren.

Fir d'éischt d'Missioun vun der Schoul. Dat war deen éischten Artikel, iwwert dee mer intensiivst an der Kommissioun diskutéiert hunn. D'Missiounen, déi de Lycée respektiv de Lycée technique huet, si folgendermoossen ëmraus: Déi éischt Missioun, déi de Lycée nach ëmmer huet, dat ass de Kanner eng Formation scolaire ze offréieren. An zwar soll déi Formation scolaire dann och esou sinn, datt se op en Diplom hischafft, fir dass all Kand méiglechst en Diplom kritt, eng Certification reconnue, wéi et esou schéin heescht am Text; datt se awer och de Kanner eng Allgemengbildung mat op dee Wee ginn an dass och d'Kanner an der Schoul op déi berufflech Exigence an op dat berufflecht Liewe virbereet ginn.

Deen zweete Volet vun der Schoul ass awer och deen, d'Kanner ze éduquéieren. Hei ass awer eng Nuance, déi mer an d'Gesetz ageschriwwen hunn, an zwar esou, dass d'Schoul en complément agéiert vun der Educatioun vun der Famill. Dat heescht d'Famill huet hei d'Haaptlaascht nach ëmmer, mä d'Schoul léisst se awer net eleng.

An am Fong geholl, déi drëtt Missioun ass am Allgemengen, dass d'Schoul de Kanner eng Hëllefstellung gëtt fir déi perséinlech Entwécklung a fir hir Orientéierung.

A sou wéi mir an der Kommissioun dann d'Missiounen vun der Schoul festgesat hunn, wollt ech dann analyséieren, wat dann de Schüler un Offerte fënn an deenen eenzelne Schoulgebaier an déi een dann och muss an all Schoulgebaier erëmfannen.

Mol éischstens a puncto Formation ass et esou, dass an dësem Gesetz festgehalen ass - wat awer net verwonnerlech ass -, dass d'Grille horaire, de Programm, d'Schoulvakanzen festgehalen ginn iwwer Règlement grand-ducal. Bon, dat ass näischt Aussergewöhnlech. Dir erlaabt mer trotz allem déi eng oder aner Remarque heizou ze maachen.

Éischstens, mir hunn an dësem Gesetz net festgehalen, wéi vill eng Schoulstonn misst minimal hunn. Dat war eng Suggestioun vum Statsrot. Dat hu mer net zréckbehalen, well mer der Meinung sinn, dass mer dat sollten eréischt an engem Règlement festhalen, wat an dem Projet de loi iwwert d'Loi de base vun der Schoul wäert kommen. Bon, en Amendement, wat mer also vum Statsrot net gutt gehalten hunn, wou deen zwar net extra frou war driwwer, mä wou en awer eis Argumentatioun verstanen huet.

Déi zweet grouss Diskussioun, dat sinn ëmmer an ëmmer erëm d'Programmer. Déi éischt kritesch Approchen, déi mer am Fong geholl

zu dësem Gesetz kruten, an ier am Fong geholl de Projet deponéiert war, dat war ëmmer déi grouss Angscht: Ah, Autonomie vun de Lycéeën, dat bedeit lo, datt all Schoul ka maachen, wat se wëllt.

Deem ass net esou. Ech hat gesot, déi ganz Philosophie vun dësem Gesetz ass eng gutt Gewichtung ze fannen tëschent den nationalen an de Lycéeskompetenzen. Et ass och esou, dass, wat d'Programmer selwer betrëfft, déi nach ëmmer national ausgeschafft ginn, fir datt mer jo och op eng Certification reconnue kënnen kommen, wou awer jidderee soll méiglechst dat nämlecht léieren an all Schoulgebaier.

Mä erlaabt mer hei nach eng Kéier ze schwätzen ze kommen op déi allgemeng Remarque, déi nach ëmmer heiansdo kënnt, datt et heescht, eis Programmer sinn iwwerlueden. Ech dierf drun erënneren, dass d'Programmer zwar festgeluecht ginn an deem Règlement grand-ducal, mä do gi se nëmme festgeluecht op dat, wat an de Programmkommissiounen geschafft gëtt. Ech dierf drun erënneren, dass dës Majoritéit de Programmkommissiounen Infrastrukturen zur Verfügung gestallt huet, datt se hinnen dat didaktescht Material zur Verfügung gestallt huet an dass also d'Programmkommissiounen, zesumme gestallt aus Enseignanten, déi sinn, déi d'Verantwortung hu fir Programmer auszuschaffen. Ech ka se nëmmer nach eng Kéier erëm invitéieren dësser Aufgab beschtméiglech nozekommen - eenzel Programmkommissiounen maachen dat mat Brio, anerer di sech méi schwéier, an un déi maachen ech ganz besonnesch nach eng Kéier en Appel, intensiivst ze schaffen.

Deen zweete Volet, deem all Kand awer soll begéinen an der Schoul oder am Lycée respektiv am Lycée technique, dat ass d'Prise en charge. Wéi gesäit déi Prise en charge aus? Éischstens ass et mol Orientéierung, zweetens ass et d'Présenz vum SPOS, drëtens ass et den Appui scolaire, véiertens eng adequat Surveillance, fënnfens d'Activité périscolaire, sechsfens de Centre de documentation et d'information an dann d'Restauration scolaire respektiv d'Internat. Ech analyséieren déi eenzel Punkten.

All Student muss ënnerstëtzt ginn a senger Orientéierung. Him soll gehollef gi sech selwer ze erkennen an duerno ze kucken, geméiss sengen Talenter, senge Méiglechkeeten an och sengen Aspiratiounen, wéi e sech soll ueleën, fir dee beschtméigleche Wee duerch d'Schoul ze maachen. Déi nämlecht Informatioun soll awer och den Elteren zoukommen. Dofir mussen och si kënne informéiert ginn iwwert d'Progrès, déi realiséiert ginn, respektiv iwwert déi Echecen oder déi Momenter, wou et méi schwierig ass.

An all Schoulgebaier fanne mer ee SPOS, dat heescht e Service psychologique et d'orientation scolaire. Op dee mussen all Kand respektiv all Elteren zréckgräife kënne, wa se et froen. Länger Diskussiounen hate mer an der Kommissioun driwwer, wéi dës SPOS dann elo soll konkret funktionéieren. Ech erkläre mech.

De Problem ass, datt de CPOS am Fong geholl - wéi soll ech soen - éischer en nationale Service ass, deen am Ministère organiséiert ass, an da gëtt et déi eenzel SPOSen an de Lycéeën. Déi grouss Fro war dann ze wëssen, wou mer de SPOS positionnéiere par rapport zum Direkter respektiv par rapport zu deenen anere Schoulpartner. A mir hunn eis an der Kommissioun dozou ausgesprach, fir ze soen, de SPOS gëtt am Fong geholl vum CPOS chapeautéiert. Et ass deen, deen déi grouss Richtlinne gëtt, an déi eenzel SPOSen an de Schoulgebaier mussen dann och op hir Schoulpopulatioun kënne agoen.

Aus deem Grond sote mer dunn, dass administrativ gesinn de SPOS aus deenen eenzelne Gebaier en-

nert der Leedung dann also vum Shouldirekter steet, mä wat awer hir Orientéierung an de Contenu vun hiren Aufgabe ugeet, déi ginn awer dann éischer ausgeschafft am MEN. Nun, dës Deeg hunn ech awer dat betreffend e ganz opgereegte Brëf vun der APESS kritt, déi do déi grouss Angscht hunn, mat deem System, dee mer erausgewielt hunn, géife mer souguer de Shouldirekter ënnert d'Tutelle setzen vum CPOS. Ech muss lech wierklech soen, dat ass iwwerhaapt net de Wunsch an net d'Anliege gewiescht vun der Kommissioun.

Ech mengen, mir waren eis an der Kommissioun och relativ all eens iwwert déi Modifikatioun, déi mer abruucht hunn, esou dass mer och den Text wäerten esou stoe loosse, wéi mer en an der Kommissioun guttgeheescht hunn. Mir sinn der Meinung, dass mer absolut net den Direkter ënnert d'Tutelle setzen mat eisem System, mä au contraire, dass mer eben am Fong geholl zwee verschidde Servicer, wann een et esou wëllt, hei hunn. Dat engt ass den Direkter a seng Schoul an dat anert ass de SPOS. Déi zwee mussen op der Basis zesummeschaffen. Mä d'Ausrichtung vun deem engem an deem anere gëtt eben op anere Plazen ausgeschafft.

Dat zweet Anliegen, wat vun der APESS komm ass, och a puncto SPOS, dat war fir eis drop opmierksam ze maachen, do wier awer am Artikel 28 bei den Attributiounen vum SPOS een Artikel, dee géng soen, de SPOS géif „collaborer à l'évaluation des enseignements“. Ech muss lech ganz éierlech soen, an der Kommissioun hat kee Mënsch sech un dësem Saz gestéiert gehat. Weder d'Majoritéit nach Oppositoun hatten d'Problematik opgeworf. Et hat keen Aviseur et opgeworf, an d'APESS selwer respektiv déi eenzel Syndikater hatten eis och näischt dovunner gesot an där Entrevue vum 4. Dezember 2003.

Och hei, muss ech soen, sinn d'Ängschten, déi hei opgeworf ginn, menger Meinung no iwwerspëtzt, well, bon, ech mengen, éischstens ass et esou, wann een deen Artikel 28 e puer Zelle méi erop liest, do ass et och esou dass de SPOS kollaboréiert fir Activités périscolaires ze organiséieren. E kollaboréiert ëmmer, et ass net hien, deen d'Activités périscolaires organiséiert, an et ass och net hien deen d'Enseignement évaluéiert. Hie kollaboréiert dozou.

Ech mengen dat Ganzt muss een an deem Zeeche gesi wat mer wëlen no bausse setzen vum Dialog an Zesummeschaffen, an do ass et och esou datt de SPOS muss këne soen, wat e gutt oder wat e manner gutt an engem Schoulgebaier fënn, ouni dass en awer do derfir an op eemol iwwert den Enseignant soll stoen an iwwer déi soll jugéieren, wat déi grouss Angscht vun der APESS ass. Ech mengen ech liesen lech elo léiwer net dee Brëf vir, dee mer do kritt hunn, well mir riskéieren do nëmmer onnéideg schwerwiegend Diskussiounen tëschent de Professer an tëschent dem SPOS ze kréien.

Den Appui scolaire ass deen nächste Service, deen eis Kanner musse kënne offréiert kréien an all Schoulgebaier. Deen ass entweder obligatoresch oder fakultativ. Dat hinkt am Fong geholl e bëssen dovunner of, wéi schwach datt e Schüler ass. De Conseil de classe ka soen, dass den Appui obligatoresch ass, an deementspriedend sinn och d'Sanktiounen, wann e Schüler beim obligatoreschen Appui scolaire net present ass, oder beim fakultativen Appui scolaire.

Deen nächste Service deen d'Kanner kréien ass eng Surveillance. Elo kënnt Der soen, dat ass awer

nu wierklech kee Service. Ech mengen awer dach. D'Surveillance ze assuréieren an engem Schoulgebaier während de Schoulstonnen an och doriwwer eraus, soulaang wéi d'Kanner oder respektiv déi Jugendlech am Gebai oder am Schoulhaff oder ronderëm sinn, ass mengen ech ee Service, dee mer hinne mussen assuréieren an deen och dofir deementspriedend dann an dat Gesetz hei ageschriwwen ginn ass.

Activités périscolaires solle kënnen, mä mussen zwar net, an all Gebai organiséiert ginn, an zwar ausserhalb vun der Schoul, kultureller oder sportlecher Natur. Hei hate mer eng kleng Diskussioun mam Statsrot. Dee wëllt par force, esou bal ee sech aschreift an déi Activités périscolaires, datt d'Schüler dann och mussen obligatoresch an dës Aktivitéite goen. Mir hatten an der Kommissioun gemengt, dat misst een net obligatoresch maachen. De Statsrot sot dunn a sengem Avis complémentaire, mir wiere laxistes. Gutt, ok, mir sinn op eis Décisioun erëmkomm an deem gemäss, esou bal wann ee sech dann also aschreift an déi Aktivitéiten, muss dann och all Schüler dohinner goen. Mir wëllen domat een Zeeche setzen, d'Kanner e bëssen zu Konsequenz ze erzéien. Ech hoffen dann, datt dat riicht rässt an datt de Statsrot eng besser Visioun hat wéi déi, déi mir als Kommissioun hatten.

Da soll a muss an all Schoulgebaier e Centre de documentation et d'information present sinn an dee muss dann och vun engem Bibliothèque-documentaliste gefouert ginn. Deen huet och Missiounen, an zwar soll en de Kanner am Fong geholl d'Lecture méi no bréngen, a wann ech un d'PISA-Etüd duerf erënneren an un déi Campagne, déi de Ministère gestart huet, do ass jo ganz kloer eng Erkenntnis déi, datt eis Kanner net genuch liesen. Hei solle se och gutt Material zur Verfügung gestallt kréien, fir datt se och ugespornt ginn dozou fir ze liesen.

Dann ass et natierlech och esou, dass d'Kanner do solle geléiert ginn, wéi se sollen hir Recherche maachen, wéi se do sollen eng gutt Lecture och fannen, déi se interesséiert, an dann, wann en Autonomiesprojet an engem Lycée leeft a wann ee sech dann op en Thema zum Beispill spezialiséiert, muss natierlech de Centre de documentation et d'information hei mat schaffen, fir datt och eleng d'Kanner déi richteg Dokumenter fanne fir hir Recherchen ze maachen.

Restauration scolaire ass e Must. Et muss och an all Lycée eng Restauration scolaire kënne offréiert ginn. Ech mengen dat ass och ganz gutt esou an entsprécht de Besoinen, déi mer an eiser Populatioun hunn.

Internater sinn net obligatoresch fir all Lycée, mä ech mengen ech maachen och hei nach eng Kéier mäin Appel. Ech sinn der Meinung, dass mer net genuch Internater am Land hunn an datt mer eis sollten nach do applzéieren, fir méi öffentlech Internater ze kréien. Dat wier net vu Muttwëll.

Ech ginn elo op den zweete Volet vun dësem Gesetzesprojet an. Dat ass dann d'Autonomie selwer. Wéi ech et well an der Entrée gesot hunn zu dësem Text, geet et eis drëm, dass all Lycée kann op seng Schoulpopulatioun agoen. D'Besoiné vun där enger a vun där anerer Schoulpopulatioun sinn net onbedéngt ëmmer déi nämlecht. Dofir wëlle mer de Lycéeën d'Méiglechkeet ginn, fir op déi Besoiné vun de Kanner a vun de Familljen anzegoen. An de pair mat där Iddi vun Autonomie geet an dësem Gesetzesprojet och d'Iddi vun dem Lycée de proximité.

De Lycée de proximité bedeit, dass Kanner tëschent 12 bis 15 Joer d'Recht hunn, fir an deen noost méiglechte Lycée an hirer Émgéigend kënne ze goen. Wat de Lycée de proximité fir deen Eenzelnen ass, gëtt am Fong ge-

holl festgehalen iwwer Règlement grand-ducal. D'Iddi ass och, datt een an all Lycée dann och, ech kann net soen eng total homogen, mä zumindest eng méiglechst homogen Populatioun erëmfënn, wou d'Besoiné méi oder weëneger déi nämlecht sinn a wou een deem gemäss och d'Autonomie ka besser organiséieren.

Déi Autonomie bedeit, dass dee Lycée, deen déi Autonomie wëllt, well déi ass net obligatoresch - e Lycée ka sech autonom organiséieren, muss et awer net maachen - eng Marge de manœuvre an der Grille horaire huet vun dräi Stonnen wöchentlech. A priori hate mir och an der Kommissioun alt gemengt, datt ass awer net schrecklech vill. Et gouf eis awer erkläert, datt op Basis vun deene Pilotprojeten, déi doruechter waren, sech ëmmer erëm ausgestallt huet, datt déi dräi Stonnen normalerweis duergaange sinn, fir de Lycéeën déi néideg Méiglechkeeten ze ginn, fir sech kënnen selbstständig ze organiséieren, esou datt mer dann och déi dräi Stonnen op Wunsch vum Statsrot hin an d'Gesetz ageschriwwen hunn. Dat gesot muss ech awer dobäifügen, dräi Stonnen kënnen se variéieren, mä am Endeffekt musse se awer hir global Stonn vu Lektionen anhalen.

Wat fir eng Méiglechkeete bidde sech dann elo dem Lycée? E kann e puer Projekte lancéieren, e Projet d'établissement, e Projet d'innovation pédagogique an e ka Spezialklassen organiséieren.

De Projet d'établissement: Hei kann de Lycée pedagogesch Initiative starten. E kann och périscolaire Aktivitéite lassstréppelen an e ka sech an Aktiounen lancéieren, wou een am Fong geholl d'Kanner op déi berufflech Zukunft, an esou wéi eben de konkrete Beruff funktionéiert, ka virbereeden.

Beim Projet d'innovation pédagogique muss ech hinzufügen: Dat ass am Fong geholl ee Projet, deen erakomm ass duerch d'Usponne vun der LSAP. Et war am Fong geholl esou, de Projet d'innovation ass am Projet de loi de base virgesinn, mä e war net an dësem Gesetz virgesinn. Mir waren awer dunn an der Kommissioun der Meinung, mir sollen dës Projet d'innovation pédagogique virgesinn. Mir hunn en och ageschriwwen. De Statsrot war mam Prinzip d'accord, huet awer bemängelt, datt, bon, e Projet d'innovation pédagogique, dat bréngt mat sech, datt ee misst zur Grille horaire an eventuell och zu de Programmer kënne dérogéieren, datt dat awer net de Minister eleng kéint maachen, mä do misst een iwwer Règlement grand-ducal fueren. Dësem Wunsch si mer nokomm, an ech mengen dat ass och eng gutt Initiativ, déi mer hei als Kommissioun agedroen hunn.

Spezialklassen organiséieren ass déi nächst wichteg Erausforderung, laanscht déi mer net kommen. Sportsklasse muss kënne e Lycée organiséieren, deen de Besoin do derfir huet. Dat nämlecht gëllt am musikalesch Beräich oder am kulturelle Beräich. Da muss een natierlech och Spezialklasse këne schafe fir iwwerduerchschnëttlech begabte Kanner - och där hu mer, Gott sei Dank -, den Accueil organiséieren an dann och mol agoen op speziell Sproocheproblemer, déi een huet.

All Kéiers ass et bei dësen Projeten dann esou, dass dem Conseil d'éducation säi Feu vert muss kommen. Normalerweis kënnt de Wunsch no méi eegen Initiativ jo och vun ënnen erop, wat mer och absolut begrëissen a wat mer och wëlle mat dësem Gesetz usponnen a wou mer och hoffen, datt et riicht rässt an der Realitéit.

Den drëtten Volet vun dësem Gesetz, dat ass dann d'Organisatioun vun de Strukturen an der Schoul a ganz besonnesch natierlech d'Zesummenaarbecht vun deene verschidde Partner, déi mer hei virfannen. D'Strukture vun de Lycéeën bleiwen zwar natierlech, do sinn

net nëmmen nei Saachen déi hei kommen. Ech mengen et ass klas-sesch fir ze soen, e Lycée ass op-gedeelt a Klassen. Mä mir hunn awer hei eng Conférence du Lycée agesat. A ween ass an där Confé-rence du Lycée Member? Dat sinn all d'Enseignanten an all Leit aus deene verschiddenste Servic-er aus de Lycéeën. Dat bedeit esou gutt de SPOS wéi d'Sekretärin vum Direkter, wann ech dat mol esou där-ef soen, déi hei kënnen hiert Wuert matschwätzen.

Eng länger Diskussioun hate mer an dësem Kontext ebe mat de Prof-fegewerkschaften. Ech werfen déi Diskussioun elo hei op. Ech hätt se grad esou gutt kënne bei der Conférence des Professeurs op-feren. D'Diskussioun, déi mer mat hinne hate, dat war fir festzeha-len: Ween ass Enseignant? Si hätte léiwer gehat wann e Règlement grand-ducal - dat geet elo méi bei der Conférence des Professeurs - festgehalen hätt, ween do där-ef draagen. Si wollten am Fong geholl keng Stagiairen dran hunn an hunn et och net schrecklech gäre gin-n, datt mer Professeren do hät-ten, déi vläicht nëmmen eng oder zwou oder puer Stonnen an engem Schoulgebaai wäeren.

Mir hunn doriwwer an der Kommis-sioun des Längeren an des Breede geschwat a mir sinn zur Konklus-ioun komm, datt wa mer wëllen Autonomie hunn, datt wa mer wël-len datt all Partner an der Schoul soll mat diskutéieren, dass mer se dann och all un den Dësch kréien. An deem gemäss hu mer gesot, an dofir hu mer den Artikel 1 emgeän-ner a mir hunn définiert, datt den „Enseignant“ all Enseignant aus engem Schoulgebaai ass, esougutt en ausgebildete Professer wéi e Sta-giaire, esougutt wéi deen deen nëmmen eng, zwou oder säi ganze Schoulprogramm an engem Schoulgebaai mécht.

Dann ass natierlech ëmmer nach de Conseil de classe. Pro Klass besteet e Conseil de classe, wou den Direkter derbäi ass, respektiv den Adjoint, an dann eben d'En-seignanten aus der ganzer Klass. Am Artikel 20 sinn d'Attributioun vum Conseil de classe virgehalen. Déi bekanntsten ass natierlech d'Promotioun, déi de Conseil de classe assuriert, an ech mengen ech bräicht elo net weider op de Conseil de classe anzegoen. Dee kënnt natierlech all Kéiers zesum-men, wann den Direkter et wënscht. Minimum am éischten Tri-mester awer op alle Fall an all Kéiers, wann d'Halschent vun den Elteren et froen, oder wann d'Situ-ation esou ass an der Klass, datt e muss aberuff ginn.

E Conseil de discipline gëtt natier-lech och agesat, pro Schoulgebaai. An zwar ass do den Direkter dran an dräi Enseignanten, déi vun der Conférence du Lycée genannt ginn. Do gëtt dann, wann e Pro-blem ass, de Régent gehéiert, an dann och de Schüler mat sengen Elteren, a wann et e Schüler ass dee scho majeur ass, dann huet en d'Recht drop fir eng Persoun mat-zehuelen, wat da ganz dack wäert en Affekot sinn. Et muss zwar net onbedéngt ee sinn, mä et kéint awer mol ganz gutt sinn. Da gëtt et natierlech och e Comité de sécuri-té an en Délégué à la sécurité, mä do sinn, mengen ech, keng Diskus-siounen an der Kommissioun ge-wiescht iwwert déi Roll, déi déi ha-ten, an dofir wëll ech och hei net weider drop agoen.

Den Direkter ass am Fong geholl an dësem Projet de loi eng Zentral-persoun an dat ass elo déi nächst wichtegst Struktur - respektiv Schoulpartner -, déi ech hei wëll analyséieren. Den Direkter ass also eng ganz staark Perséinlechkeet, déi mer hei asetzen. Dat ass och e Sträitpunkt gewiescht an der Kom-missioun. Et sinn Einzelner, déi hu gemengt, mir missten an eiser Schoul eng bicéphale Direktioun hunn; anerer hu gemengt, mir missten eng Direction collégiale hunn. Mir hunn eis awer an eiser Majoritéit dozou ausgeschwat fir een Direkter ze hunn, deen zwar

Adjointen huet, déi em assistéie-ren, mä den Haaptpoids läit um Di-rekter, deen eng Mission pédago-gique an eng Mission administra-tive huet an deen och d'Responsa-bilitéit vun der Representatioun huet, engersäits par rapport zum Ministère an anerersäits och par rapport zu den Tiersen am a ron-derem d'Schoulgebaai. Dat ass na-tierlech en Diskussionspunkt, wou ganz bestëmmt herno nach wäert driwwer debattéiert ginn.

Mir waren awer der Meenung, dass et wichtig wier, dass een en Haaptuspriechpartner an all Lycée hätt a mir sinn der Meenung, dass den Direkter déi Persoun kéint zur Genüge sinn. An et schéngt am Fong geholl, dass dat och déi Aus-richtung ass, an déi des Regie-rung an d'Madame Brasseur ginn. Well wann Der festgestallt hutt: All Kéiers wa mer elo e Lycéesgebaai gestëmmt hunn, hu mer och méig-lechst séier d'Organisatioun vun deem Lycée gestëmmt, an dann ass och méiglechst séier den Di-rekter genannt ginn, fir datt e gesäit, wéi säi Lycée erop wiisst a well en esou am Virus ka seng Id-die mat eraginn. Dofir wäerte mer an der Zukunft natierlech och eng Ausrichtung vu ganz staarke Per-séinlechkeeten an dësem Beräich hunn; déi, déi do sinn, maachen hir Aarbecht natierlech och well ganz gutt, an ech mengen déi Ausrich-tung ass richtig.

Da geet et awer ëm d'Schoulpart-ner, déi mer am Schoulgebaai hunn, an dat sinn d'Proffen, d'Elève an d'Elteren. Ech fänke mat de Proffen un. D'Profgegewerkschaften hunn eis natierlech och e bësse virge-worf, dass an dësem Projet de loi den Direkter esou eng schrecklech staark Perséinlechkeet wier. Dofir hu mer och déi eng oder aner Brems agereecht an dobäi gesat, esou dass am Fong geholl den Di-rekter muss informéieren. Well mir kruten do esou d'Iddi mat, dass den Direkter anscheinend net ëm-mer, oder net all Direkter, säi Perso-nal esou richtig informéiert; och zum Beispill iwwert d'Formation continue. Dat hu mer deemt-sprechend extra ageschriwwen, datt den Direkter muss de Comité des Professeurs informéieren.

Fir och sécher ze sinn, dass de Co-mité des Professeurs dat, wat soll am Conseil d'éducation gestëmmt ginn, richtig diskutéiert huet, ass och festgehalen, datt de Comité des Professeurs am Virus muss iwwert déi Problemer diskutéieren, déi am Conseil d'éducation virge-luecht sinn an déi do sollen of-gestëmmt ginn. Dat war och deen Diskussionspunkt, dee mer mat de Syndikater hei hate, fir festze-leeën, wee Professeur ass. A wéi gesot, mir bestinn drop, dass dat eng méiglechst large Definitioun ass, ween Enseignant ass, a mir sinn och der Meenung, dass dat, wéi dee fonctionnéiert, net soll iwer Règlement grand-ducal défi-niert ginn, mä datt do all Comité soll selwer festhalen, wéi e sech zesummesetzt a wéi e fonction-néiert.

Déi zweet sinn d'Elève, d'Schüler-comitéën, ech mengen déi si be-kannt. Bei deene soll ee pro Schoulgebaai fonctionnéieren an hei hu mer och eng Differenz gemaach mat de Proffen a mat den Elteren. Nämlech, fir hiert Fonctionnement hu mer gesot: Do muss mer per Règlement grand-ducal fueren, well déi Kanner nach vläicht méi Ennerstëtzung brauche wéi er-wuesse Leit.

Dann de Comité vun den Elteren; och hei hate mer gréisser Diskus-siounen. Och bei den Eltere soll ee Comité vun den Eltere pro Lycées-gebaai sinn an och hie soll sech selwer säin eegent Reglement ginn, fir ze kucke wéi e fonctionnéiere soll. Och do hu mer vun der FAPEL e ganz laange Bréif kritt, op deen ech dann nach wëllt zum Schluss agoen. An och do hu mer Repro-ché kritt, dass mer d'Elteren net richtig géife représentéieren, ën-ner anerem um Niveau vun der Klass. Déi Diskussioun hate mer an der Kommissioun.

Mir hunn awer an der Majoritéit ge-sot, mir wieren net der Meenung, dass mer pro Klass och nach sol-len en Elterendelegéierten afügen. Mir hätten nämlech onbedéngt gä-ren, dass all Eltere mat de Proffe schwätzen an all Proff mat den El-teren. Mir wëllen net onbedéngt en Elterendelegéierten asetzen, well mer eben déi Angscht hunn, dass dann nach op eemol den Dialog të-schent deenen engen an deenen aneren nëmme méi iwwert den De-legéierte leeft an datt et awer eng Partie Problemer ginn, déi een op déi Aart a Weis net esou gutt ka re-gelen; dass mer also léiwer den di-rekten Dialog hunn. Dofir hu mer dovunner ofgesinn.

Dann huet d'FAPEL nach bemän-gelt, datt si net egal par rapport zu deenen anere Schoulpartner wie-ren, si géingen „une représentation égale et équivalente aux autres partenaires scolaires“ froen. Also ech froe mech, wou si net egal si par rapport zu deenen anere Schoulpartner, à moins datt ee seet, am Conseil d'éducation wier eng Iwwergewichtung fir d'Enseig-nanten. Ech mengen, datt d'Schoul d'Haaptplaz oder d'Haaptmissioun awer trotz allem nach ëmmer fir d'Enseignanten ass. Si hunn awer op alle Fall hiert Matsproocherecht do an ech mengen, geméiss der Roll an der Importance, déi si hunn, hu si och hir Méiglechkeete kritt.

Si hate och d'Problematik opge-worf, datt och si géinge fäerten, net richtig informéiert ze ginn. Ech mengen och do ass et esou, dass mer Garantien agebaut hunn, fir datt se déi néideg Informatiounen zur Zäit kréien. An ech hoffen dann awer och, datt se eng Plaz an all Lycée fannen, wou se sech kënnen zesumme-fannen. Déi nämlech Angscht ass ausgedréckt gi vun de Profressyndikater, vun de Ge-werkschaften a vun den Enseig-nanten, si géinge keng Plaz fannen an de Schoulgebaier fir hir Ré-uniounen. Ech muss jo awer soen, ech hoffen, dass awer an all Schoulgebaai dat esou seriö geholl gëtt, datt se do eng Plaz an eng Struktur fannen, fir där Iddi kënnen nozekommen.

Voilà, Dir Dammen an Hären, ech hu well meng Zäit ëm bal fënnef Mi-nuten iwwerschratt. Ech halen duerfir op mat mengem Exposé. Ech hoffen, datt ech all wichtige Punkt an dësem Gesetz belicht hunn.

Eng Iddi an dësem ganze Gesetz, wat och de roude Fuedem an dë-sem Gesetz ass, déi ëmmer an ëm-mer erëmkënnt, dat ass datt all déi Projeten, all déi Servicier, déi of-freiert ginn, ëmmer regelméisseg évaluéiert ginn, an zwar tantôt in-tern vum Ministère, tantôt intern vun den eenzelne Strukturen am Lycée oder vum Direkter, tantôt ex-tern wann et de Ministère selwer ass. An ech kann nëmmen hoffen, dass deen nei forméierte Conseil d'éducation, dee mer elo hei virfan-nen, beschtméiglechst d'Lycéeë wäert an der Zukunft kënne géréie-ren an datt mer déi néideg Impul-ser an eis Schoul ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolau-schteren.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsrieder ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ob mer et wëllen oder net, PISA huet en anert Bild vun eiser Schoul gemooft an dat ass d'Realitéit vun haut. Dat ass zwar elo schonn e puer Méint, e puer Joer hir, datt ass fir muncheree scho vergiess, mä trotzdem den-ken ech, datt all déi Resultater, déi mer konnten an der PISA-Etüd ge-

sinn, nach ëmmer wouer sinn, an ech wëll dat just nach eng Kéier kuerz widderhuelen, well et mer awer wichteg ass, wa mer esou en Text wéi deen heite stëmmen.

PISA huet eis gewisen, datt déi Sproochekenntnisser, déi eis jonk Leit hunn, oft theoretescher Natur sinn, datt de Gebrauch vun der Sprooch fir d'Verständnis an d'Kommunikatioun, sou wéi si et am Alldaglieue brauchen, oft ganz schwierig fir si ass. D'PISA-Etüd huet eis gewisen, datt de soziale Milieu an eiser Schoul eng ganz grouss Influenz huet an datt eis Schoul zu engem Deel déi Differen-ze vergréissert.

Bei eis an der Schoul ass et esou, datt nougedrongenerweis vill Zäit un de Sprooch verbraucht gëtt, consacrééiert gëtt, well mer vill Sprooch léieren. Dat mécht awer eng Rei Lacunen op an de wëssen-schaftleche Fächer wéi der Mathe-matik an d'Resultat dovunner ass, datt bei eis zu Lëtzebuerg 16,8% vun eise Studenten duerno wës-senschaftlech Studie maachen, an domat si mer op der zweet- oder drëtteschter Stell vun den eu-ro-päesche Länner. A wann een et vergläicht mat anere Länner wéi Ir-land, déi hu 35% vun de Kanner, déi op deen Type vu Studie ginn, oder Finnland, déi hu 36% vun de jonke Leit, déi deen Type vu Studie maachen. A wann ee weess, datt vill vun der Innovatioun vun der Re-cherche vun deem, wat d'Zukunft bedeit, iwwert deen Type vu Studie leeft, da gesäit een, datt mer och an deem Kader nach ganz grouss Efforten ze maachen hunn, fir eent vun den Objektiv, wat d'Éduca-tionsministere sech zu Lissabon gesat hunn, ze erreechen.

D'Äntwerten op d'Froestellungen, déi PISA gestallt huet, sinn net evi-dent. PISA ass och deelweis confir-méiert ginn duerch de Bericht „Éducation et Formation 2010“, deen d'Kommissioun erausginn huet. Mir kënnen awer net an aner Länner kopéiere goen. Mir kënnen awer op där anerer Säit Rezepten kucken, Ingredienter kucken, Zuta-te benotzen, déi an anere Länner gebraucht ginn, fir Resultater ze er-rechen.

Ech mengen, déi ganz Problematik an eiser Schoul ass manner eng Fro vu Structure wéi eng Fro vu Flexibilitéit, vun der Méiglechkeet fir Diversifikatioun anzeféieren a vun der Méiglechkeet fir op d'Be-soinë vun deenen eenzelne Kan-ner, vun den eenzelne Schüler an-zegoen; eng Fro vun der Méiglech-keet eng wierklech Autonomie ze liewen, fir Responsabilitéit a Res-ponsabilisatioun op deenen een-zelen Echelonë vun eise Schoulwiesen, do wou Décisiounen geholl ginn, anzeféieren; fir Evalua-tioun iwwert alles dat hierzustellen, wat mer maachen, fir nach méi Transparenz an all déi Décisiounen an Evaluatiounen eranzebréngen. Et ass manner eng Saach vu Wës-sensverméttelung wéi eng Saach vu Pédagogie an Engagement a schlussendlech och vu Motivatioun vun allen deene Schoulpartner, déi haut zu Dags vum Ministère bis den Enseignant an de Schüler an den Elteren d'Schoul gestallt hunn. Dat si Stéchwierder ron-derëm déi sech eis Schoul an hire Forme muss dréien.

Deen Text, deen haut virläit, hëlt eng Rei Punkten ervir a geet an déi richtig Richtung. Ech wëll och der Rapportrice, der Madame Durdu, merci soen an ech wëll net all déi Punkte widderhuelen, déi si hei évoquéiert huet, déi si hei ënner-strach huet. Ech wëll der just e puer ervirsträichen, fir Kommenta-ren op deene Punkten ze maa-chen, well d'Zäit eis och fortleeft. Et si siwe Punkten, déi ech wollt er-virsträichen.

Deen éischten ass deen iwwert d'Missioun vun de Lycéeën. Dësen Text mécht eng nei Definitioun vun der Missioun vun de Lycéeën. E seet op där enger Säit, datt d'Mis-sioun vun de Lycéeën déi ass fir eng Schoulformatioun ze ginn. Dat ass evident. Op där anerer Säit seet en, datt natierlech déi aner

Missioun déi ass fir an d'Educa-tioun, an d'Erzéiung vun de Schü-ler mat anzegraifen, an do bréngt en dat wichtegt Element eran „en complément avec l'action des fa-milles“. Fir mech ass dat e ganz wichtegt Element.

Wien ass zoustänneg fir d'Educa-tioun vun de Kanner? Dat si selbst-verständlech, an dësen Text seet et och, d'Elteren, an d'Eltere ginn hei ënnerstëtzt vun der Schoul. Dat ass eng Missioun, déi muss ge-meinsam gemaach ginn. Dat ass eng Missioun, déi net deen een an deen anere Partner géintenee maachen, mä déi se muss ge-meinsam maachen. Fir mech ass dat en extrem wichtegt Element an huet och duerno eng Rei Konse-quenzen op dat wéi mer d'Schoul gestalten, op dat wéi mer d'Parte-nariat an eise Schoule wëllen an op dat wéi mer d'Realitéit vun deem Partenariat duerno an de Schoulen ëmsetzen. Et ass also eng komple-mentar Missioun, fir deen een a fir deen aneren.

Wéi gesot, elo ass et um Pabeier hei définiert an dat ass a mengen Aen extrem positiv. Et muss een natierlech nach kucken, wéi een déi positiv Definitiounen duerno an dem Klasseraum, da wann d'Die-ren zou sinn, da wa Schoul gehale gëtt, da wa mat den Elteren disku-téiert gëtt, an der Realitéit ëmgasat kritt.

Dat zweet, dat ass d'Charte sco-laire, déi an dësem Text steet. Den Text gesäit vir, datt déi eenzel Ge-baier müssen eng Charte scolaire maachen. E gesäit och vir, datt déi Règles de conduite, déi do aus-geschafft ginn, gemeinsam të-schent deene verschiddene Schoulpartner ausgeschafft ginn. An och dat ass wesentlech. Et muss ee sech einfach, wann ee Schoul mécht, an enger Schoul eens sinn, no wat fir enge Prinzi-pien déi Schoul soll gemaach ginn, wéi déi Schoul soll gestallt ginn. A wann een am Virus sech eens ass a wann een dat am Virus zesum-men definéiert, dann ass een och vill méi sécher fir op deem gemein-same Wee, deen ee muss goen, déi Méint, déi een zesumme muss verbréngen, déi Joren, déi een ze-summe muss verbréngen, wäh-rend deene Joren zu engem gudden Schluss ze kommen. Et ass bal wéi an engem Koalitiounsprogramm. Wann de Koalitiounsprogramm gutt ass an am Detail definéiert ass, da kënnt een ouni Problemer bis zum Schluss. Hei muss och d'Charte scolaire gutt definéiert sinn an allen Detailer, mat alle Partner, da kënnt ee gutt bis zum Schluss.

Drëtte Punkt, deen ech wollt évo-quéieren hei, ass dee vun der Eval-uatioun vun den Enseignementer. Et ass a mengen Aen e wesent-leche Punkt, dee mer an dëse Ge-setzestext aschreien. Et muss ge-ckuckt gi wat fir en Impakt déi Enseignementer, déi mer an der Schoul weiderginn, hunn, wat fir eng Resultater se hunn. An de Ly-céeë gëtt och gesot, datt se alles müssen zur Verfügung stellen, all déi Donnéeën, déi se hunn, fir et ze erméiglechen déi Evaluatiounen uerdentlech a korrekt ze maachen. Den Text gesäit dat vir. Ech fannen dat extrem positiv. D'Fro, déi ee sech natierlech muss stellen, ass: Wéi gëtt d'Applikatioun heivunner gemaach? Wéi fënnt dat do elo an der Schoulrealitéit vun all Dag säin Nidderschlag?

An do, muss ech soen, ass et a mengen Aen extrem wichteg, datt mer eis dann och déi Moyenë gi fir déi Evaluatioun, déi mer alleguer wëllen - a mir waren eis alleguer an der Kommissioun eens, fir esou eng Evaluatioun ze maachen -, datt mer eis dann och déi Moyenë ginn, fir déi Evaluatioun korrekt eriwuer ze kréien. Well Evaluatioun ass nâischt Evidentes. An Evaluatioun mécht een net esou niewebäi an Evaluatioun, dat kennt een net ein-fach esou well ee Schoul hält oder well een an der Schoul ass. Evalua-tioun ass zu engem Deel e Beruff fir sech. Ech ka mer virstellen, datt an de Schoulgebaier Autoevaluatioun gemaach gëtt. Ech ka mer virstel-

len, datt deelweis Evaluatioun an de Gebaier selwer gemaach gëtt. Mä ech mengen awer, datt Evaluatioun och eppes ass wat muss vu baussen erakommen, wat seng Spezifisitéiten huet, wat seng Charakteristiken huet, wat e Beruff ass, deem ee korrekt muss maachen, fir duerno och déi Resultater erauszekréien, déi engem en objektivi Bild gi vun deem wat en Enseignement ass.

Also verschidden Aarte vun Evaluatioun, verschidde Methode vun Evaluatioun a verschidde Methoden och, déi an der Schoul ugewannt ginn. An da muss een och sech bewusst sinn, an dat ass heiansdo zu Lëtzebuerg nach de Feeler an de Problem, datt Evaluatioun net Sanktioun ass, datt Evaluatioun näischt Negatives ass, datt am Fong d'Evaluatioun, wa se regelméisseg gemaach gëtt, wa se richtig gemaach gëtt, en extrem positiivt Element ass, wat engem nëmmen hëllef weiderzkommen. Et geet drëm seng Stärkten, et geet drëm seng Schwächte kennen ze léieren, an et geet drëm, wann ee se bis kenne geléiert huet, sech och d'Moyenen ze ginn, fir do, wou ee méi schwach ass, einfach besser ze ginn. An dofir kann Evaluatioun nëmme mat Formatioun an alles wat ronderëm do schwieft verbonne sinn. Et ass an deem Kontext, wou et sai wirkleche Sënn fënnt; et ass an deem Kontext, wou et ka motivant sinn; an et ass och an deem Kontext, wou et eis sécherlech an der Schoul weider bréngt.

Evaluatioun op där enger Säit, Motivatioun op där anerer Säit, Transparenz als drëtte Punkt sinn déi dräi Wierder, déi a mengen Aen zesummegehéieren. Dofir mengen ech, a mir hunn och an der Kommissioun doriwwer geschwat, mir hunn et net am Text ageschriwwen, mä fir mech ass et awer an der Realitéit eng Evidenz, datt d'Evaluatioun muss transparent sinn, datt déi Resultater och gréissten-deels solle public sinn. Wéi gesot, et steet net am Gesetz, mä an der Realitéit ass et awer machbar. Ech mengen och perséinlech, datt et wichtig ass, datt eng Evaluatioun ëmmer soll transparent sinn.

Véierte Punkt, deem ech wollt uschwätzen, dat ass och ee wichtigen Aspekt vun deem wat an deem Text steet, an zwar d'Prise en charge éducative vun de Schüler. D'Schoul, an ech hunn dat scho méi wéi eng kéier gesot, ass a mengen Aen net eriwuer wann et schellt. Et geet net duer, datt just Schoul gehale gëtt wann d'Dier bis zou ass, well d'Schoul ass nach Villes ronderëm wéi just Schoulstonnen. An dësen Text beschreift et zu engem Deel. Appui, Orientatioun, Assistenz, Surveillance, Activités périscolaires, dat si jo schon alles Saachen, déi an der Realitéit vun der Schoul vun haut existéieren. Et ass u sech näischt Neies, mä de Mérite vun deem Text ass awer deem, datt een eng prezis Descriptioun gëtt vun deem wat soll an der Schoul gemaach ginn, datt et hei an engem Gesetzestext, an enger Logik sech erëmfënnt an datt et eng Partie intégrante ass vun deem wat eng normal Schoul all Dag, Stonn fir Stonn muss kennen ubidden. Et ass also richtig an dat ass gutt esou.

Mä hei gëllt natierlech déiselwecht Fro wéi an deem Aspekt virdrun. Et gëllt elo eppes, wat mer an der Descriptioun prezis am Text ageschriwwen hunn, wou mer eng kloer an daitlech Definitioun um Pabeier stoen hunn an och wäerten ofstëmmen, fir déi grouss Fro, dee grouss Problem, dee wesentlechen Aspekt vun der Schoul vun haut op den Terrain ëmzesetzen an domat der Schoul eng nei Qualitéit ze ginn, andeem mer en och an der Qualitéit op dem Terrain ëmsetzen.

Et geet net duer d'Beschreibung ze maache vun der Orientatioun. Et ass wichtig opzeklären, duerno och an der Realitéit, prezis a wellechen Etappen ee wëllt déi Orientatioun maachen. Et ass och wichtig

ze schreiwen, wat prezis dann elo fir eis Orientatioun bedeit. Orientatioun ass net datselwecht wéi Evaluatioun vun de Schüler. Evaluatioun ass sécherlech en Deel vun der Orientatioun, mä ass awer net dat eenzegt Element wat zur Orientatioun bäidréit. An dee Modell, deem an dem Secondaire technique existéiert a verschiddene Schoulgebaier als Projet pilote, huet jo och virgesinn - do musse mer kucke wat d'Realitéit dorausser ergëtt -, datt um Enn vun der 9ième eng Orientatioun gemaach gëtt, déi sech nach op eng ganz Rei aner Kritäre baséiert wéi déi strikt Evaluatioun vun dem theoretesche Wësse vun de Kanner, wat duerch d'Prüfung getest gëtt.

Ee vun deene positiivste Beispiller fir mech, an ech soen dat ëmmer erëm a gär, als Elteren an deem Fall, ass déi Transitioun tëschent dem 6. Schouljoer an der 7ième. Déi ass ëmgeännert ginn an do gëtt eng Orientatioun gemaach. An déi Orientatioun, déi do gemaach gëtt, ass eng Orientatioun, déi sech sécher op Nationaltester an op Resultater stäipt, déi déi eenzel Kanner an den nationalen Tester gemaach hunn, déi also och zu engem Deel eng objektiv Ofmëssung vun de Resultater ass, well se landeswäit ass, well se norméiert ass, a well een do effektiv och kann an enger nationaler Norm aschätzen, wou déi eenzel Kanner, a Pourcentagen, staark sinn a wou se manner staark sinn.

Mä wat fir mech wichtig ass an där Orientatioun, datt war datt ech als Elteren do als eng vun den eenzege kéieren an der Schoulcarrière vu menge Kanner d'Méiglechkeet am Fong hat fir mat Enseignanten, Psychologe mech eng laang Zäit dohinner ze setzen, déi Tester unzucken am Detail, wou et gutt war, wou et manner gutt war, mat hinnen ze schwätzen, wat d'Stärkte vum Kand sinn, net nëmme schoulescher, mä och a sengem Comportement, och wéi et sech géing behuelen, och a senger Approche vum Léieren, vum an d'Schoul goen, mat dem Enseignant eens ginn, mat deenen anere Kanner eens ginn an esou gemeinsam de beschte Wee fir d'Kanner ze fannen.

Dat ware fir mech enorm wichtig Elementer fir eng Orientatioun korrekt ze maachen, well een do d'Méiglechkeet hat, éischstens sech Zäit ze huele mat den Enseignanten, mat deene Leit, déi den Enseignement gemaach hunn, Psychologen, déi ronderëm waren a Proffen aus dem Enseignement secondaire, fir einfach ze gesinn, wou si mer mat deene Kanner drun, wat hu mer am beschte mat hinnen ze maachen zu hirem Gutts, wou kënne se hir Schoul mat Succès weiderféieren. E wesentlecht Element vun der Schoul.

Zweete Punkt vun deem véierte Punkt, dat ass dee vum Appui scolaire, deem och hei am Text definiert gëtt. Do ass eng Innovatioun déi seet, datt de Conseil de classe den Appui scolaire och zu engem Deel kann obligatoresch maachen. Ech kann de Sënn dovunner verstoen, firwat dat esou gemaach gëtt, well ech och weess wéi an der Realitéit den Appui scolaire heiansdo suivéiert gëtt, datt dat net ëmmer esou ass wéi et a Wierklechkeet fir Guddes vum Léieren och soll sinn. Ech hoffe just, datt et uerdentlech applizéiert gëtt, well déi Obligatioun vun engem Appui scolaire stellt mer awer eng Rei Problemer. Ganz einfach well ech der Meenung sinn datt, wann deen Appui scolaire net wëllentlech ass, wann en net volontär ass, wann en net gewollt ass, da stellen ech mer d'Fro, ob e pedagogesch effikass ka sinn.

Wéi gesot, ech verstinn, datt e gemaach gëtt, stelle mer awer eng Rei Froen. Ech hoffen, datt, wann en obligatoresch elo gëtt fir eng Rei Kanner, dann och d'Qualitéit okay ass. Well ech sinn der Meenung, datt fir den Appui et net nëmmen esou ka sinn, datt dann an deem Appui nach eng kéier de

Programm, deem ee moies gesinn huet, ënner enger anerer Form mëttes widderholl gëtt, mä datt do eng besonnesch Pedagogie muss sinn, datt och en individuellt Agoen op d'Problemer vun deem Eenzelne muss sinn, datt et net just wéi gesot eng Widderhuelung ass, mä e pointéierten Apprentissage vu Lacunen, déi deem een oder deen aneren individuell kann an deene Stonnen hunn. Well soss huet den Appui, a mengen Aen, net vill Sënn.

An ech mengen och, wann ee wëllt am Appui weiderkommen, da kann et net esou sinn, datt een net déi bescht Enseignanten op den Appui setzt, well et ass do wou d'Kanner ganz oft sinn, déi Schwierigkeeten hunn, an et ass do wou een déi bescht pedagogesch Kenntnisser muss hu fir déi Kanner, déi Schwierigkeeten hunn, och weiderzebréngen. Dofir mengen ech, misst een déi bescht Enseignanten dohinner setzen an net onbedéngt, wéi dat zu menger Zäit nach war, ech weess net wéi et haut ass, Chargé-de-coursen oder déi jonk Proffen, déi vläicht ganz gutt sinn, mä déi awer manner Erfahrung hu fir an deene dote Beräich eranzegeen.

Datselwecht gëllt fir d'Activités périscolaires. Ech verstinn och, an de Conseil d'État huet eis et jo gesot, datt déi Assiduitéit do muss obligatoresch sinn, datt se also, wann déi Kanner bis eng kéier ageschriwwen sinn, dann och sollten an déi périscolaire Aktivitéite goen. Okay, ech kann déi Obligatioun do akzeptéieren. Ech muss awer soen datt ech hoffen, datt dat elo net d'Kanner ofhält fir dann ze soen: Mä wann et esou ass, wann ech muss dohinner goen, mä da maachen ech léiwer eppes anescht, da ginn ech net an déi Activités périscolaires. Well ech mengen, datt esou Aktivitéiten an de Schoulen enorm wichtig sinn. Ech mengen et ass wesentlech, datt mer se entwéckelen, well et gehéiert zu engem Schoulliewen derbäi.

Et ass och en Deel vun enger, ech wëll net soe Ganzdagsschoul, well dat hei de ganzen Terme wär, mä vun enger Ganzdagsoffer, déi mer kennen an de Schoule maachen, déi a mengen Ae wichtig ass. Dofir sinn ech och der Meenung, datt esou vill Kanner wéi méiglech sollten dovunner profitéieren. Ech hoffen, datt dat hei elo net de Contraire erreecht, well ech awer och weess, datt eist Schoulliewen an de Rhythmus vun all Dag vun de Kanner an der Schoul awer ganz variabel sinn.

Ech ka mech erënneren un déi Prüfungszeiten, wou eng Woch dräi oder véier Prüfungen waren, vu chargéierten Horairen, déi geännert hunn, déi och net ëmmer esou prévisibel waren, well et sinn heiansdo Wochen, déi net an der Prüfungszeit leien, wou d'Kanner awer duerch Zoufall, well dat net esou koordinéiert ass, dräi oder véier Prüfungen an enger Woch hunn. Datt se da soen: „Ech kann net an déi Activités périscolaires goen“, schéngt mer net falsch ze sinn. A wann ech et als Eltere kucken, hätt ech heiansdo d'Tendenz ze soen: „Haut bleifs de léiwer doheem, well s de léiers a well s de muer eng Prüfung hues.“ Mä et sief dann.

Dofir soen ech, et muss een domadder esou reell a konkret ëmgoen - de Conseil d'État huet eis dat esou gesot -, datt et och am schouleschen Alldag Sënn mécht, well soss hu mer am Fong net dat erreecht wat mer alleguerte gemeinsam, souwuel de Ministère wéi d'Kommissioun, wollten.

De fënnefte Punkt, deem ech wollt uschwätzen, dat ass dee vun de Conseils de classe an de Conseils de discipline. Déi hunn elo an deem Text, esou wéi en hei steet, eng Missioun daitlech a kloer be-

schriwwe kritt. Ech fannen et ass wichtig an där juristescher Welt wou mer haut liewen, datt mer wëssen, wie wat fir eng Décisioun wéini prezis ze huelen huet. Mir hunn och eng Kompositioun vum dem Conseil de discipline esou gemaach, datt se och de juristeschen Normen entsprécht.

Am Conseil de discipline sëtzt elo net méi deem, deem op där enger Säit oder op där anerer Säit kann d'Partie sinn. Et sëtzen do Leit, déi dat solle ganz neutral a vu wäitem kucken an dann och kennen en objektivi Jugement iwwert eng Affär oder iwwert e Fait maachen. Dat ass och richtig esou, dat ass och dee Wee, deem een an där Zäit eben, wou mer haut liewen, huet misse goen. Déi Clarificatioun war ganz einfach noutwendeg, suite vun all deene Jugementer, déi mer an der leschter Zäit kannt hunn, datt ee souwuel de Conseil de classe wéi de Conseil de discipline kloer an de Missiounen a kloer an hirer Kompositioun definéiert.

De sechste Punkt, deem ass och scho méi laang vun der Madame Durdu ugeschwat ginn. Dat ass dee vun der Participatioun vun de Schoulpartner. An dësen Text gesäit kloer vir: dem Comité des Professeurs seng Definitioun, seng Kompositioun, seng Aart a Weis wéi e sech zesummesetzt. Datselwecht gëllt fir de Comité vun de Parents d'élèves, datselwecht gëllt fir de Comité des Élèves. E gesäit Electioun vir, e gëtt och deenen eenzelne Comitéen eng Legitimitéit an de Schoulgebaier, fir iwwert dat ze schwätzen zu deem se beruff sinn ze schwätzen.

Datt gëtt hei elo organiséiert an et kann een natierlech elo soen, datt dese Gesetzestext deem een oder deen aneren Detail hält misse méi beinhalten, fir nach méi wäit ze goen, fir nach méi kloer ze sinn. Dat mag richtig sinn, et mag awer och net richtig sinn. Well ech sinn do och der Meenung, wéi Verschiddener et geschriwwen hunn, datt et wichtig ass, datt een och am Fonctionnement vun deene representativen Organer hinnen eng gewëssen Autonomie léisst an hinnen d'Fräiheet léisst, an deenen eenzelne Gebaier hire Fonctionnement esou ze organiséieren, wéi se dat als richtig ëmfannen.

An et ass jo och an deem Text kloer an daitlech virgesinn, datt déi eenzel Assembléeen intern vun de Schoulgebaier d'Méiglechkeet hunn, sech hire Fonctionnement esou ze gi wéi si et mat hire Particularitéite vu Gebai als richtig ëmfannen. An datt Gebaier Particularitéiten hunn, ma dat wëlle mer jo, well mer de Gebaier wëllen eng gewëssen Autonomie ginn, well mer hinne gewësse Méiglechkeete wëlle ginn, hir Gestaltung an der Fräiheet vun deem wat se wëlle maachen och esou ze maache wéi si dat als richtig ëmfannen. Dofir fannen ech déi Approche hei richtig.

Dat ass elo déi offiziell Participatioun esou wéi se organiséiert am Gesetz virgesinn ass a wéi se hei och ëmgesat gëtt. Et gëtt natierlech nach eng aner Participatioun, déi fir mech och eminent wichtig ass, an dat ass - d'Madame Durdu huet et scho virdrun ugeschwat - déi individuell Participatioun vu jiddfer Elteren an dem Schoulgeschehen. A fir mech ass dat quasi-méi déi wichtigst. Well do geet et net iwwert institutionnell Froen, do geet et net iwwert Froen wéi elo d'Schoulorganisatioun oder de Projet d'école oder wat och ëmmer fonctionnéiert. Dat sinn och wichtig Saachen, dat muss iwwert déi institutionell Participatioun lafen.

Op där anerer Säit gëtt et ëm d'Participatioun vun deem eenzelnen Elterendeel, dee Kanner an der Schoul huet. Déi Participatioun besteet doranner, datt déi Eltere kennen an d'Schoul kommen, datt se mat den Enseignanten, mat den Direktiounen d'Méiglechkeet hunn ze schwätzen, wann et noutwendeg ass. Déi Kollaboratioun, déi mer u sech elo an den Artikel 2 vum Gesetz an d'Missiounen dra-

geschriwwen hunn, besteet doranner, datt d'Education vun de Kanner gemeinsam gemaach gëtt vun der Schoul a vun der Famill, vun den Elteren. Mir hunn déi do och drageschriwwe well mer wëllen eng Orientatioun maachen a well déi Orientatioun och muss mat den Elteren duerchgeschwat a gedeelt ginn.

Dat ass fir mech déi Participatioun, déi am wesentlechsten ass. Do gëtt et nach eng ganz Rei Efforten ze maachen, déi net onbedéngt Efforte sinn déi elo an dese Gesetzestext passen, mä déi Efforte sinn, déi een awer muss an der Realitéit nach maachen, well do geschitt dat Wesentlechste an der Schoul: d'Ofstëmmung vun der Education tëschent deenen zwee Partner, déi responsabel si fir d'Education vum Kand.

An dat Lescht, wat ech wëll soen, de leschte Gedankendeel, deem ech wollt évoquéieren, dat ass dee vun der Autonomie vun de Schoulen. Et ass evident, datt d'Autonomie vun de Schoulen net nëmmen eng finanziell Autonomie ass. Déi muss et och sinn, datt ass an deem Gesetzestext festgehalen, dat kënne mer elo maachen an deene Schoulgebaier, déi dat wëllen, an ech hoffen, datt der vill dat wëllen. Dësen Text gesäit och nach Autonomie op aneren Deeler vir, quitte datt hei d'Programmer an d'Grille-d'horairen obligatoresch sinn an datt Autonomie hei d'Méiglechkeet gëtt, fir eng Adaptatioun bis zu dräi Lektionen ze maachen.

Et geet awer hei aus dem Text ervir, wéi gesot, datt kënne Projets d'établissement gemaach ginn, datt kënne Projets d'innovation pédagogique gemaach ginn, datt kënne Classes spéciales gemaach ginn am Kader vun der Participatioun, déi an deem Text festgeschriwwen ass, fir Autonomie Realitéit ginn ze loosser. Dat ass sécherlech schon eng groussen Deel Autonomie, deem duerch dësen Text méi agefouert gëtt.

Ech ka mer natierlech och virstellen, datt een Autonomie nach weider ka féieren, obwuel ech och der Madame Durdu hir Bedenke sécherlech ausdrécke wa gesot gëtt, mir wëlle eng Autonomie vun de Programmer maachen. Dat soll och net sinn. Par contre kann ech mer awer virstellen, wann ee bis eng kéier kloer an daitlech Zilsetzungen definéiert huet, wann ee kloer an daitlech definéiert huet, wou ee wëllt no deenen eenzelne Klassen oder eenzelnen Zyklen inhaltlech hikommen, wat muss gewosst sinn, wann een déi Standards, déi Qualitëitsminimume kloer an daitlech definéiert huet an och iwwert d'Tester, iwwert d'national Tester oder iwwert d'schoulesch organiséiert Tester kann no Normen offroen, déi unanime sinn, déi kloer sinn, wann een dat alles bis genau an daitlech weess, datt een zumindest awer an de Methoden eng gewëssen Autonomie huet.

Ech sinn zwar der Meenung, datt dat net onbedéngt eng pedagogesch Autonomie vun deem Eenzelne soll sinn, därer sinn, mä ech si par contre der Meenung, datt awer kann eng Autonomie vun engem Schoulgebaier sinn; datt ech mer awer ka virstellen, wann d'Zilsetzung kloer sinn, wann et kloer an daitlech ass, wou ee soll hikommen, datt ee Schoulgebaier sech ka soen: Mä mir huelen eis déi do Method, fir déi Ziler ze errechen, déi d'Education nationale eis fixéiert huet an déi national fixéiert sinn.

Ech mengen, dat ass och een Deel vun der Autonomie, iwwert deem ee kann nodenken: De Choix vun de Methoden am Kader vun de Schoulgebaier an der Autonomie vun de Schoulgebaier. Ech mengen, dat géng Motivatioun a Responsabilisatioun bréngen. Ech mengen, datt dat och een Element ass, dat evidenterweis muss évaluéiert ginn. Sou datt déi Autonomie, déi hei definéiert ass, e wichtige Punkt ass, deem awer an Zukunft nach kann an deenen Etappen, wann een déi hei elo ëmsetzt,

weiderspannen, wéi ee se weiderféiert.

Voilà, dat waren déi puer Elementer zu dësem Text, déi ech wollt soen. Et sinn also sécherlech eng ganz Rei extrem positiv Usätz an dësem Text, mä an dem Rumm vun der PISA-Situatioun, wou mer haut sinn, mengen ech awer, datt et absolut noutwendeg bleift fir eng ganz Rei Diskussiounen, déi mir ugefaangen hunn, weiderzeféieren: Eng Diskussioun iwwert d'Inhalter an iwwert d'Ziler; eng Diskussioun iwwert d'Evaluatioun, an ech hunn an der FAPEL hirem Bréif jo och eng Remarque doriwwer héieren - déi Diskussioun, mengen ech, muss nach weidergeféiert ginn -: d'Diskussioun iwwert d'Methoden; eng Diskussioun iwwert d'Schoulzäit an d'Ganzdagschoul; eng Diskussioun iwwert d'Relatiounen Enseignant-Schüler-Elteren - net nëmmen am Generellen, mä wéi ech et virdru gesot hunn, vu jiddfer eenzelnen Elterendeel an der Schoul.

Déi Diskussiounen, mengen ech, musse gefouert ginn, a wa mer d'Konklusiounen, déi mer aus deenen Diskussiounen zéien, dann och an d'Realitéit an der nächster Zäit ëmsetzen, denken ech, hu mer villes fir d'Schoul gemaach. Op jiddede Fall ass et ganz kloer, datt d'CSV-Fraktioun wäert fir dësen Text stëmmen an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Merci, Här President. Ech wëll fir unzefänken der Presidentin vun der Kommissioun merci soe fir déi Manéier, wéi se déi Kommissioun presidéiert huet. Mir haten Zäit fir op all Artikel am Gesetz eenzel anzegoen. An deenen hekteschen Zäiten, an deene mer elo sinn, ass et jo eleng derwäert, dass een et ervirsträicht.

Mir haten als sozialistesche Grupp 29 Amendementer zu dësem Gesetz abruecht, déi och all diskutéiert gi sinn. Eng Rei dovunner sinn ugeholl ginn, déi eng an der originaler Form, anerer no Diskussiounen ënner ofgeännerten Form. Ech géif soen, datt doduerch verschidden Deeler vum Gesetz verbessert gi sinn. Ech kann dat awer net generell fir dat Gesetz soen. Ech hunn nämlech beim Liesen elo vum Text, wéi déi lescht Versioun erauskomm ass, nach eng Rei Inkohärenzen am Text festgestallt. Ech bedauern eigentlech, dass net eng richteg Relecture vun deem Ganze gemaach ginn ass.

Déi Komplimenter, déi ech dann der Presidentin maachen, déi kann ech net onbedéngt der Rapportrice maachen, well mir hate gefrot, datt wéinst - wéi een esou schéi seet - der historiescher Wourecht dann och am Rapport ernimmt géif ginn, dass mer déi Amendementer gemaach hätten als eenzege Grupp, sou hate mer der jo erageeicht. Dat ass awer net akzeptéiert ginn. Ech wëll net weider drop agoen. Ech géif just mengen, dass dat net vun enger immenser Grandeur en Zeechen ass.

Ech wëll a menger Interventioun, Här President, net de ganzen Débat vu PISA erëm nei hei oprullen. Ech wëll mech wierklech op dee Projet, deen hei virläit, beschränken. Et ass allerdéngs erstaunlech, dass an der Démarche, an där ugekënnegt ginn ass: „Mir maachen eigentlech eng ganz grouss Reform vun der ganzer Gesetzgebung iwwert d'Schoul“, wou jo och eng grouss Loi de base déposiert gëtt, an da sollen déi eenzel Gesetzer iwwert déi eenzel Ordres d'enseignement dann dorobber opbauen, dat hei Gesetz natierlech virun deenen anere Gesetzer deposéiert ginn ass. Et gëtt och elo gestëmmt ouni déi aner Elementer vun deem Gerüst, wat eigentlech herno e bässe gelungen ausgesäit. Mä an der Haaptsaach, wann ech elo zu dësem Gesetz kommen, géif

ech mengen, et wär elo net e grouss Worf. Dat Gesetz formaliséiert vill bestoend Saachen, déi et elo schonn an de Lycéeën gëtt, un deem u sech näischt aussetzen ass, et innovéiert awer eigentlech net wesentlech. Ech ginn net op all Punkten an, mä d'Majoritéit oder haaptsächlech d'Presidentin, déi schwätzt jo ganz oft vun dësem Gesetz als Autonomiegesetz. Et wär ee Gesetz, wat d'Autonomie vun de Lycéeën elo géif op fest Féiss stellen. Dat Wuert kënnt och ganz oft am Text vir. Et steet an e puer Artikelen. Nom Artikel 3 vum Gesetz besteet d'Autonomie vun de Lycéeën doranner, dass se Actions autonomes kënne maachen am pedagogesche Beräich, am administrative Beräich an am finanzielle Beräich.

Wat deen administrative Volet ugeet, weess ech eigentlech net richteg, wouranner déi Actions autonomes bestinn, well de Lycée bleift jo awer ee Bestanddeel vum Statsbetrib. Den Direkter ass de Chef hiérarchique, esou festgeneelt wéi en et bis elo net war, sou dass ech am Fong net gesinn, wou déi grouss administrativ Fräiheeten do wäeren.

Wat déi finanziell Autonomie ugeet, sou gëtt effektiv festgehalen, datt e Lycée kann als Service de l'État à gestion séparée duerch d'Budgetgesetz awer deklaréiert ginn. Dat war also och scho virdru méiglech. Dat ass jo och scho mat eenzelne Lycéeën geschitt.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

Mir ass et nach ëmmer net kloer, wéi dann e Lycée an d'Budgetgesetz kënnt, fir als Service à gestion séparée kënnen unerkannt ze ginn. Et wär och interessant gewiescht ze wëssen, wat d'Expérience si vun deene Lycéeën, déi déi Méiglechkeet bis elo haten.

Mä wat eis jo richteg interesséiert ass déi pedagogesch Autonomie vun de Lycéeën. Mech jiddefalls interesséiert se méi wéi déi aner. An do gi véier Pisten opgezeechent am Gesetz. Dat Eent ass, dass Lycéeën kënnen Activités périscolaires maachen. Dat ass eppes, wat se elo scho konnte maachen.

Dat zweet, den Artikel 6, erlaabt de Lycéeën dräi Stonnen ofzeweiche vun der Grille horaire, déi am Règlement grand-ducal festgeluecht ass. Do ass d'Fro - an d'Madame Durdu huet et scho gesot -: Firwat dräi Stonnen? An de Ministère huet eis da gesot, dat wär aus der Erfahrung raus, dass déi dräi Stonne géife festgehalen ginn. Dat heescht jo, dass dat jo näischt Neies ass, dass et dat jo schonn alles ginn ass. Ech verstinn awer nach ëmmer net d'Argumentatioun vun deenen dräi Stonnen. Et wär interessant gewiescht ze wëssen, ob dann aner Schoule méi Autonomie hätten an ob dat dann e bessert Resultat ginn ass. Vu dass et awer nëmme Lycéeën mat dräi Stonne gëtt, kënne mer do jo also net en expérience schwätzen.

Déi drëtt Pist ass, dass all Lycée kann ee Projet d'établissement opstellen. Och dat ass näischt Neies. Sait dem Minister Fischbach kënnen d'Lycéeën Projets d'établissement opstellen.

Véiertens kann e Lycée e Projet d'innovation pédagogique planen. Dat ass en Artikel, dee war an der Loi de base, a mir hunn deen elo an dësem Gesetz iwwerholl. Da kann dérogiert gi vum Programm an der Grille horaire, dann huet een also méi Latitude wéi dräi Stonnen, an och an de Programmer kritt ee méi Latitude. Dësen Artikel ass allerdéngs no Interventioun vum Conseil d'État esou formuléiert ginn, dass, fir esou eng Dérogatioun ze kréien, ee Règlement grand-ducal geholl muss ginn, wat ech u sech bedauern.

Do ass eng vun den Inkohärenzen, well den Artikel 8 gesäit vir, datt d'Classes spéciales och kënnen dérogiéieren vu Grille horaire a Programmer, an do ass kee Règlement grand-ducal virgesinn, sou

dass ech am Fong elo net weess, ob dat dann heescht, dass een am Artikel 8 och eng muss hunn. Dat ass jiddefalls net ganz prezis am Text.

Ech wëll och soen, dass mir fir Autonomie vun de Lycéeën sinn. Allerdéngs werft déi Autonomie vun de Lycéeën eng Rei Froen op, déi eigentlech net beäntwert sinn an déi eigentlech och kaum diskutéiert gi sinn. Dat éischt ass déi, dass mer jo mat aller Autonomie - dat hei si kleng Schrëtt, mä och wann ee se wëll méi grouss maachen - jo eng national Unitéit vun den Diplomer wëllen halen, vum Wäert vum Enseignement.

Well de Prinzip ass jo, dass d'Schoul fräi ass an de Methoden, wéi se d'Schüler zu enger Qualifikatioun soll féieren, mä d'Autonomie geet awer nëmmen, wann et dann national festgeluechte Standardé gëtt, déi soen op all Niveau, praktesch fir all Cycle, wat d'Schüler fir Kompetenze mussen hunn. Or, esou national Standarden hu mer awer net. Mir hunn zwar Programmer, déi national sinn. Ech wëll elo net op d'Diskussioun vun den iwwerfrachte Programmer agoen, mä dat si keng Standarden, déi misste fir all Cycle festgeluecht ginn.

Ech denken, dass Autonomie ouni esou Standarden, ouni Tester, fir déi Standarden och ze kontrolléieren, nëmme ganz schwéier ka funktionnéieren an dass dann d'Autonomie riskéiert sech op Gadgets ze limitéieren, awer net op de wesentlechen Unterricht.

Déi zweet Fro, déi sech stellt am Zusammenhang mat der Autonomie, dat ass déi vum Profil vun de Lycéeën. All Lycée ka sech jo e Profil ginn. Déi eng setze méi op Konscht, déi aner méi op Sport, anerer kënne méi sozial engagéiert sinn. Dat implizéiert jo och, dass Elteren a Schüler sech a Fonctioun vum Profil vun engem Lycée och derzou décidéieren, an déi Schoul ze goen. Ech hunn eigentlech da Schwierigkeete fir nozevollzéien, wéi dat zesummenzebréngen ass mat der Charte scolaire, déi jo awer hei virgestallt ginn ass, wat jo eng grouss Vereinfachung fir den Transport ass, mä wat awer Froen opwerft, wéi wäit een da fräi ass, fir an dee Lycée mat deem Profil kënnen dann hin ze kommen, wann ee gär géif dohinner kommen.

An déi drëtt Iwwerleeung, déi ech wëll am Kader vun der Autonomie maachen, dat ass éischer eng vun der pedagogescher Innovatioun. Ech mengen, also ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass de Wee, deen d'Autoritéiten an all Land ageschloen hunn, fir op Autonomie ze setzen, eigentlech aus der Erkenntnis kënnt, dass et onheemlech schwéier ass, ee ganzen Apparat ze moderniséieren an ze flexibiliséieren. Dat ass net nëmmen zu Lëtzebuerg esou, dat ass mengen ech an all Land vun Europa a vun Amerika esou. Och well mer festgestallt hunn oder well d'Wëssenschaft festgestallt huet, dass all Kand verschidden ass an dass also deeselwechten Unterricht an deeselwechte System net bei all Kand onbedéngt dat Resultat mat sech bréngt, wat ee sech erhofft. An duerfir, fir d'Chancéglaichheet ze realiséieren, muss den Unterricht individualiséiert ginn.

D'Autonomie erlaabt et dann enger Schoul innovativ ze ginn an nei Weeër ze goen, en fonction och vun den Talenter, vun de Motivatiounen, vu sengen Enseignanten, an awer och en fonction vun de Schüler, déi an där Schoul sinn. Déi Autonomie implizéiert awer, dass évaluéiert gëtt, wat déi nei Weeër bréngen, ob et positiv ass, wou d'Avantagé sinn a wou d'Désavantagé sinn. An dat erëm implizéiert och, dass den traditionelle Schoulunterricht och évaluéiert gëtt. Well

soss kann ee jo net d'Avantagen an d'Désavantagé vergläichen.

An da komme mer zum nächste Mot-clé vun dësem Projet, dat ass d'Evaluatioun. Den Terme kënnt a fënnef Article vir. Nom Artikel 3 gëtt all Action autonome enger interner Evaluatioun ënnerluecht, an enger externer duerch de Minister. An da seet den Artikel 7, 8 an 11, dass d'Aktiounen mussen duerch de Minister évaluéiert ginn. Do ass dann net méi Rieds vun der interner Evaluatioun. An da schliesslech seet den Artikel 24, dass den Direkter all Enseignement och soll évaluéieren.

Et ass also net dass dat Wuert net am Text virkënnt. Ech fannen et allerdéngs net déi beschte legislativ Aarbecht, wann een iwwert déiselwecht Fro e puer Artikelen huet, an och nach mat verschiddene Formulationen. Well do ass och eng vun den Inkohärenzen vum Gesetz. Wann also am Artikel 3 steet, all Action autonome misst enger interner an eng externer Evaluatioun ënnerleien, awer d'Projets d'innovation pédagogique, d'Projets d'établissement, déi brauchen awer nëmmen eng Evaluatioun duerch de Minister. Dat ass dann deen Text, un deem ee sech herno muss halen, well och e Projet d'établissement an e Projet d'innovation ass jo awer eng Action autonome. Also mir ass dat jiddefalls net kloer, no der Lecture vun dësen Artikelen.

Mir waren als LSAP souwisou der Meinung, dass all Evaluatioun sollt intern vun der Schoul a parallel extern vun Experte gemaach ginn. Ech mengen dat wär eng Kohärenz gewiescht, déi méi grouss gewiescht wär wéi dat, wat elo besteet. Mir hätten och gären e System vun agréierten Experten, well mer der Meinung sinn, dass iwwert dee Wee mer mol eng Definitiouen eis misste ginn: Wat ass eng Evaluatioun? Fir mech ass eng Evaluatioun net eng Statistik an et ass och net d'Resultat vun enger Emfro. Eng Evaluatioun ass jo eppes méi komplexes, wat e ganze Koup Faktoren muss beinhalten, an et wär wichteg, wa mer eis Kritäre ginn hätten, an dann och Experten déi amstand sinn, dës Kritären ze erfëllen.

Dat ass awer vun der Majoritéit net esou gewollt ginn. Et ass och net esou am Text zréckbehalen ginn, well d'Ministesch eis erkläert huet, si misst méi fräi si fir och am Haus, duerch de Ministère, Evaluatiounen maachen ze loossen. Ech muss soen, dass ech dat Argument net richteg verstanen hunn.

Mir waren och der Meinung, dass d'Evaluatioun misst öffentlech gemaach ginn. Ech hunn elo just mat Freed den Här Wiseler héieren, dass hien eigentlech och der Meinung ass, dass dat misst transparent sinn. Dat ass awer och net zréckbehalen ginn am Gesetz, well gemengt gëtt, eng Evaluatioun öffentlech maachen, dat géif nëmme Sträit tëschent de Schoulen an tëschent den Enseignantë provozéieren. Ech mengen, dass dat eng falsch Aschätzung ass dovun wat d'Evaluatioun ass. D'Evaluatioun ass jo net fir eng Schoul un de Pranger ze stellen an ze soen, déi si schlecht. D'Evaluatioun ass jo fir feststellen, wou sinn d'Stärkten, wou sinn d'Schwächen, an haaptsächlech fir erauszefannen, wat kann ee verbessern, fir de Schoulsystem, fir den Enseignement besser ze maachen, an da Weeër sichen, fir do Remedur ze schafen.

Iwwert déi Evaluatioun geet et jo drëm, de Schoulsystem besser kennen ze léieren an och eng Schoul un den Experimenter vun enger anerer Schoul Deel huelen ze loossen. Dat ass awer net méiglech, wann all Evaluatioun am Türrang verschwénnt a wa se net public gemaach ginn ass, oder si ass dann e Geheimwëssen, wat nëmmen e puer auserwielten Initiéierter reservéiert ass, an déi aner Leit kënnen do net matmaachen. Ech fannen dat falsch.

En anere Punkt, an deem mer u sech fundamental Divergenzen haten zu dësem Gesetz, dat ass de vun der Direktioun. D'Madame Durdu huet och richteg dorobber higewisen. No dësem Text huet den Direkter alles ze soen. Hien ass de Chef hiérarchique, hien ass administrativ verantwortlech, hien ass pedagogesch verantwortlech. Hie muss d'Inspectioun vun de Coursé maachen, d'Programmer kontrolléieren, d'Evaluatioun vum Unterricht maachen. En huet d'Fonction d'Schoulcommunautéit ze representéieren no baussen an de Minister no bannen. Da kann den Direkter delegéieren u seng Sousdirekteren an u seng Attachéen, e muss awer net. Et steet net am Gesetz, dass en iergend eppes muss delegéieren.

Dat ass u sech e ganz klassesch autoritäre System oder eng Pyramid, wou een eleng un der Spëtzt steet, deen da fir alles, wat gutt oder schlecht leeft, muss Verantwortung droen.

An alle Rieden, an allen Exposés des motifs iwwert d'Schoul, déi ech do liesen, geet awer ëmmer dovunner Rieds, dass d'Schoul eng Communautéit ass, dass et wichteg ass den Esprit d'équipe an der Schoul ze favoriséieren, dass et eng Equipe ass, déi zesumme wär, ech zitéieren aus dem Exposé des motifs: «...une équipe tendant vers un objectif commun». An ech mengen, wann een déi Equipe gären hätt, da soll ee vun uewen no ënnen och den Equipéegesch esou favoriséieren. Duerfir ware mir der Meinung, dass eng kollegial Direktioun deenen Uspréch besser géif entsprechen. Mir hunn och dofir plädéiert, allerdéngs ouni Erfolleg, well mer jo an der Oppositioun sinn.

Et ass ee Punkt nach an der Direktioun, deen ech nach wëllt ervirsträichen. Den Artikel 26 gesäit vir, dass den Enseignement préparatoire e Chargé de direction kritt. Ech muss soen, ech verstinn och net firwat just de Régime préparatoire e Chargé de direction kritt an net en Direkter. Ech weess, dass dat an der Saach net fundamental vill ännert, mä et wär awer e Signal gewiescht fir ze weisen, dass de Régime préparatoire eng Schoul ass, en Ordre d'enseignement, wéi déi aner an dass en net manerwäerteg behandelt gëtt, schonn an der Direktioun. Ech fannen dat zimlech aarmséileg, dass et do net méiglech war, engem Sous-direkter dës Attributioun ze ginn. Ech géif just mengen, dass de Régime préparatoire déi bescht Enseignantë bräicht an och déi gréisst Encouragementen.

Da wollt ech zum Punkt vun der Participatioun kommen. Et ginn elo am Gesetz déi verschidde Schoulpartner definéiert, si kréien hir Gremien. No laangen Diskussiounen an der Chamber hu mer och e gewësse Parallelismus an de Gremien tëschent deene verschiddene Comitésen hikritt. Mir sinn net zefridde mat deenen Texten, wéi se do virleien. Och do wëllt ech net op déi ganz Diskussioun erëm agoen. Mir hätten et u sech besser gesinn, wann och d'Elteren en Delegéierten an der Klass gehat hätten. Ech gesinn nämlech net déi Contradictioun, dass dat verhënnert hätt, dass déi eenzel Elteren dann awer hätte kënne mat de Profen schwätzen. Et ass jo net doduerch, dass se och nach e gewielten Représentant hunn, dass deen hinne verbitt an d'Schoul ze kommen.

Mir hunn u Lëtzebuerg keng grouss Traditioun vu Participatioun an der Schoul an et liicht mer och an, dass een dat muss progressiv opbauen an dass een dat sécher net vun haut op mar fäerdeg kritt. Mä ech denken, dass mer an dësem Gesetz awer eng Chance verpasst hunn, fir eng eescht Participatioun hierzustellen. An ee Beispill, wat ech guer net kann novollzéien, ass den Artikel 17. Do ass eng Kommissioun virgesinn, déi iwwert d'Contingenté vun de Stonnen an de Lycéeën soll Propositionen maachen. D'Iddi ass jo, dass all

Schoul, en fonction vun hirer Schülerzuel a vun de Klassen, déi se huet, eng Zuel X vu Stonne kritt, an déi kann dann de Lycée verdeelen, jee no senge Schwéierpunkten. Ech denken un d'Marge de manoeuvre, déi ass net riseg grouss, mä da ka se soen, mir maache méi Appui oder mir dédoubléieren éischter eng Klass.

Elo gëtt et, fir dass d'Gerechtegkeet am Land soll hiergestallt ginn, eng Kommissioun vu fënnef Leit, déi da soll kucken, dass dat gerecht tëschent de Lycée verdeelt gëtt. Elo ginn ech mol dovunner aus, dass kee Lycée esou vill Stonne kritt wéi en der freet a sengem Contingent. Well d'Demande ass jo ëmmer méi grouss wéi dat wat herno kann accordéiert ginn. Dann denken ech mer och, dass do vill Roserei entsteet, vill Onzefriddenheet an dass dann ee Lycée mengt, deen anere wär awer besser ewech komm, a si wären defavoriséiert ginn.

Dofir hat ech gemengt dat heite wär wierklech e gutt Beispill, wou een och eng Participatioun kéint eigentlech fir de Pouvoir public méi einfach maachen. Wann een Elteren a Schüler an där Kommissioun do mat associéiert hätt, dann hätte se en Abléck kritt an d'Schwierigkeiten, déi sech stellen, wéi schwéier dass et ass och déi Gerechtegkeet do hierzustellen, mat deene Moyenen eens ze ginn, déi een huet. Awer och do ass refuséiert ginn, an där Kommissioun, d'Elteren oder d'Schüler ze bedeelegen. Dat wär nëmmen eng interministeriell an do wär et net gutt, wann aner Leit géifen en Abléck dra kréien. Dat ass eng Haltung, déi mir net kënnen deelen.

Interessant ass och d'Haltung zu deene verschiddene Schoulpartner vun der Majoritéit. Mir haten eng laang Diskussioun, ob d'Proff missten obligatoresch an der Conférence du Lycée present sinn, an et ass majoritär an der Chamber zréckgehalen ginn, dass déi Präsenz net obligatoresch misst sinn. Et misst en Appel un d'Proffemaach ginn, dass se vu sech aus dohinner kommen. Ech kann dee Raisonement absolut deelen. Ech fannen et ëmmer besser d'Leit ze motivéieren dohinner ze kommen, wéi se ze forcéieren.

Mä da wonnen ech mech awer iwwert d'Haltung par rapport zu de Schüler, well do gëtt dann awer gesot, d'Schüler, déi sech an enger Activité périscolaire aschreiw, déi also fräiwëlleg an hirer Fräizäit Sport, Theater oder Musek nïewent der Schoul maachen, déi mussen dann awer obligatoresch un deene fräiwëllegen Aktivitéiten Deel huelen an dat gëtt einfach an dat Gesetz hei ageschriwwen. Ofgesinn dovunner, dass des Bestëmmungen an der Praxis kaum wäerte spillen, well éischtens, mengen ech, wann déi Aktivitéite flott sinn, da ginn d'Kanner souwiso dohinner; wa se net flott sinn, dann ass bei där nächster Geleeënheet kee méi dee sech bei deenen Aktivitéiten do mell; a wa Prüfungszäit ass, denken ech och, dass déi Leit, déi déi Activités périscolaires organiséieren, verstänneg genuch si fir dann nach net vill Activités périscolaires ze maachen. Dat heescht, déi Bestëmmungen do spillen an der Praxis net, mä si ass awer en Indicateur dofir, dass eigentlech déi Jonk awer anescht behandelt gi wéi déi erwuesse Leit.

Elo gëtt gesot: De Conseil d'État huet eis forcéiert, dat doten an d'Gesetz ze maachen. Also do hunn ech awer elo eng fundamental aner Lecture vum Avis vum Conseil d'État. Sécher huet de Conseil d'État gesot, hien hätt léier, dat wär dran, mä en huet awer haaptsächlech d'Kommissioun op hir inkohärent Haltung higewisen, dass et bei de Proffen net obligatoresch wär an dass et par contre bei de Schüler obligatoresch wär. Dat war d'Remarque vum Conseil d'État an en huet och net fonnt mir wäer laxistes mat de Schüler. En huet fonnt mir wäer laxistes mat de Proffen, well mir deenen d'Obligation net géifen dra schreiw.

Dat ass jiddefalls meng Lecture vum Avis vum Conseil d'État.

Ech fannen eigentlech déi verschidden Haltungen zu deem engem an zu deem anere Grupp ganz signifikativ a bedauere se, well mir schwätze jo esou vill dovunner, dass mer d'Schüler, déi jonk Leit, mussen Eescht huelen, dass mir se sollen zur Autonomie erzéien, an da just op engem Punkt, wou et kaum spillt, gi mir se esou encadréieren, dass mir hinnen eigentlech déi Maturitéit, déi mir vun hinne verlaangen, net zoutrauen. Ech fannen dat net gutt an ech fannen, dass mir an där Haltung wäit ewech sinn, dass mer d'Partner vun der Communauté scolaire als gläichberechtigt behandeln. A wann ech soen, mir, da mengen ech dat Gesetz wat hei gestëmmt gëtt, an ech wëllt mech a meng Fraktioun dovunner distanzéieren.

Zum Schluss, Här President, wëllt ech och feststellen, dass dat Gesetz nach erheblech Mängel huet. Et feelen einfach verschidde Punkten am Gesetz. D'Mission vun den Enseignants ass net dran definiert. Déi sollen, wéi den Exposé des motifs et seet, an engem anere Gesetz verankert ginn. Et ass kee Wuert dran iwwert d'Integratioun vu Kanner „à besoins spécifiques“, obschonn an der Loi de base, déi jo awer net gestëmmt gëtt, festgehale gëtt, dass all Ordre d'enseignement d'Mission huet, fir des Kanner esou wäit wéi méiglech ze integréieren. Et ass näischt dran iwwert den Esprit d'équipe, deen awer ëmmer an de Rieden héich gehale gëtt; keng Mechanismen, keng Incitatioun fir des Esprit d'équipe ze fördern. Et ass keng Réflexioun iwwer Inhalter, et ass näischt iwwert d'Benutzung dran, näischt iwwert d'Promotiounskriterien, wat jo awer eigentlech déi gréisst Suerg de Moment ass vun de Leit dobaussen.

Dat Gesetz schreift also am Wesentlechen dat bestoend fest an da wot et, probéiert et e puer Elementer, eng kleng Innovation; an dat si Froe wou mir da fundamental enger anerer Meinung si wéi d'Majoritéit.

Mir sinn éischtens net d'accord mat där pyramidaler Struktur vun der Direktioun. Mir hätte gär en kollegial Equipe un der Spëtzt vun der Schoul. Zweetens, mir fannen d'Partnerschaft net zefriddestellend organiséiert an der Schoul. Mir hätte gär, dass d'Schüler als responsabel Mënschen ugekuckt ginn an dass d'Eltere méi e groussen Abléck a méi eng grouss Matbestëmmung an d'Funktionéiere vun der Schoul kréien. Drëtens, kënne mir net akzeptéieren, dass d'Evaluatioun am Ministère au cas par cas gemaach gëtt, a mir kënnen haaptsächlech net akzeptéieren, dass se net bekannt gemaach gëtt. Aus deenen Ursachen, Här President, wäert d'sozialistesche Fraktioun dëst Gesetz net stëmmen. Mir wäerten dogéint stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Delvaux. D'Madame Durdu huet nach eng Fro, oder?

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.- Neen, ech wollt nach just eng eenzeg Remarque maachen zu deene Besuerger, déi d'Madame Delvaux a puncto Evaluatioun hat, well ech hunn dat elo nach eng Kéier nogekuckt.

Den Artikel 11 seet ausdrécklech: „L'organisation et les résultats des enseignements des différents lycées peuvent faire l'objet d'une évaluation par le ministre. Les lycées mettent à disposition les informations et données nécessaires à cet effet. Les évaluations prennent en compte les expériences pédagogiques afin de faire connaître les pratiques innovantes.“

Ech mengen an dësem Artikel ass Plaz genuch, fir dass all Projeten, sief et klassesch Projeten oder sief et nei Projeten, solle kënnen vum Ministère évaluéiert ginn.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Hunn ech nach ëmmer d'Wuert, Här President?

M. le Président.- Jo.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Ech protestéieren net, dass dat am Artikel 11 steet. Ech hu just drop higewisen, dass am Artikel 3 eppes anescht steet an dass an den Artikelen 7, 8 an 11 nëmme vun der Evaluatioun vum Minister an net vun der interner Evaluatioun Rieds geet. Dat ass dat Eenzege wat ech gesot hunn.

Ech hu festgehalen, dass an deem Text hei d'Formulatioun vun der Evaluatioun net ganz kohärent ass an dat riskéiert an der Praxis e Prétexte ze sinn, fir dat eent oder dat anert net ze maachen. Méi wollt ech net soen dozou, Madame Presidentin.

M. le Président.- Bon, ech menge mir kënnen och elo hei keen Dialog féieren. D'Madame Ministesch wäert herno vläicht nach dodrop agoen. Ech géif deem nächsten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Claude Meisch, d'Wuert ginn. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert d'Organisation vun de Lycées an de Lycées techniques reit sech an an eng Serie vu Reformen, déi zënter e puer Joer an der Education realiséiert goufen. Et ass ee vun deenen insgesamt dräi Gesetzesprojeten, déi e grondleeënd neie legislative Kader fir eise Schoulsystem schafe sollen.

Niewent dësem Gesetz sinn och nach d'Reform vum 1912er Gesetz iwwert de Précolaire an de Primaire an e separat Basisgesetz fir de ganze Schoulsystem op de Leescht geholl ginn. Déi zwee Projekte befanne sech nach um Instanzewe. Si goufe vun der Educationsministesch Anne Brasseur de 15. Oktober 2003 hei an der Chamber deponéiert an et gesäit leider esou aus, wéi wann nach just dese Projet hei iwwert d'Organisation vun de Lycées an de Lycées techniques virum Enn vun dëser Legislaturperiod kéint gestëmmt ginn.

Et gëtt also näischt duerchgebaatscht, soss hätte mer sämtlech Schoulgesetzter um Ordre du jour stoen. Neen, et gouf eng anstänneg legislativ Aarbecht gemaach. Punkt fir Punkt, Artikel fir Artikel ass dese Projet an der Kommissioun duerch diskutéiert ginn an d'Chamber huet net wéineg Passagé kënnen änneren. Och um Schluss vun enger Legislaturperiod ass also hei, wéi a villen aneren Dossieren, seriö geschafft ginn. E grouse Merci dofir un d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, d'Madame Agny Durdu, net nëmme fir hire schréfflechen a mündleche Rapport, mä och fir déi Aart a Weis, wéi se als Presidentin d'Diskussiounen iwwert de Projet geleet huet; e Projet, wéi mir jo elo héieren hunn, dee leider net d'Unanimité mécht.

Här President, dese Projet de loi gëtt jo och als Autonomiegesetz bezechent, an dat zu Recht. Ee vun deenen Hauptpunkten ass effektiv d'Autonomie vun deenen eenzelnen Etablissementer aus dem Secondaire an aus dem Secondaire technique. Des Autonomie gëllt souwuel op administrativem, mä besonnesch och op pedagogeschem Plang.

Dat ass ze begreifen, well wa mir och hei am Land an engem klengen Land liewen, ginn et dach ganz ënnerschiddlech Regione mat hirer

Geschicht, hire Spezifisitéiten an enger industrieller, ländlecher oder urbaner Gégend. Eng Schoul zu Wolz ass also net onbedéngt mat enger vun Esch oder aus der Stad ze vergläichen. Dann hu mir och Etablissementer, déi sech op d'Ausbildung fir e spezifesch Beruffsbild konzentréieren, wéi zum Beispill de Lycée technique Josy Barthel vu Mamer, wou de Schwéierpunkt um Baufaktor läit. Dofir ass et ze begreifen, dass mat dësem Projet de Spillraum vun deenen eenzelnen Etablissementer vergréissert gëtt an dass op där anerer Säit d'Grenze vun esou enger Autonomie awer och kloer definiert ginn, dat besonnesch wat de Contrôle, d'Interventioun, d'Iwwerwachung an d'Zoustännegkeet vum Ministère ubelaangt.

Och definiert dëst Gesetz d'Kompetenzen an d'Zoustännegkeet vun deene representativen Organer vun deenen eenzelne Schoulpartner. Et sinn dat de Comité des Professeurs, de Comité des Élèves, de Comité des Parents an och de Conseil d'éducation - e Gremium, wat déi verschidde Schoulpartner an och d'Direktioun regruppéiert. Des eenzel Organer hu kloer definiert Aufgaben, woubäi d'Matsproochrecht virun allem iwwert de Wee vum Conseil d'éducation geregelt ass.

D'Zoustännegkeet vum Conseil d'éducation ass dobäi besonnesch wäit gefaasst ginn. Esou ass et de Conseil d'éducation, deen d'Charte scolaire ofseent. E gëtt den Accord iwwert déi eenzel Projeten am Kader vun der Schoulautonomie, notamment de Projet d'établissement. E gëtt en Avis iwwert de Budget vun der Schoul, en accordéiert de Stonneplang, etc..

All Schoulpartner huet also mat dësem Gesetz e konkret Matsproochrecht, dat se am Conseil d'éducation kënnen geltend maachen. Am Fall vun engem Désaccord tëschent dem Conseil d'éducation an der Direktioun gëtt während engem Mount gekuckt, fir en Accord innerhalb vun deem Etablissement erbaizeféieren. Ass dat net de Fall, eréischt da wäert den zoustänneg Minister tranchéieren.

Och wann d'Décisionen esou wäit wéi méiglech um Terrain solle geholl ginn, dierf méi Autonomie a méi Matsproochrecht net dozou féieren, dass d'Schoul net méi funktionsfäeg bleift. Méi Autonomie par rapport zum Ministère, méi Matsproochrecht vun de Schoulpartner, dat heescht méi Motivatioun fir jiddereen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi reit sech also an an eng Bildungspolitik, wéi se Schratt fir Schratt elo schonn zënter fënnef Joer vun der Madame Minister Anne Brasseur emgesat gëtt. Niewent deenen zwee anere Projeten, déi ech hei schonns ernimmt hunn, sinn zählräich weider Neierungen an eise Bildungssystem agefloss. Eng Reform vun der Division supérieure am Secondaire, d'Iwwerdenke vun den Dispositiounen fir d'Kompensatioun, d'Modifikatioun vun de Stonneplang, nei Formatiounen am Technique, nei Unterrechtsformen am Primaire wéi den Teamteaching, Léierzyklen am Ennergrad, nei an zousätzlech Bewäertungsmethoden, etc..

E Plan sectoriel „Lycées“ gouf erstallt fir sécher ze stellen, dass mëttelfristeg trotz enger steigender Schoulpopulatioun genuch Schoulgebaier zur Verfügung stinn. De Bau vun neien Etablissementer zu Jonglënster, zu Réiden an zu Esch/Belval goufe vun dëser Regierung décidéiert. Weider Sitë sollen déi nächst Joren zréckbehalen ginn, een an der Region Zentrum/Süden, een am Süden an een am Norden, an dat no kloer definierte Kriterien.

Ech erënneren hei un dëser Plaz och gär enach eemol drun, dass des Regierung a fënnef Joer méi Investitiounen a schoulesche Infrastrukture gemaach huet, wéi dat déi 15 Joer virun zesummen de

Fall war. Déi budgetär Moyenen, déi am Statsbudget fir den Enseignement reservéiert sinn, sinn tëschent 1999 an 2004 ëm iwwer 30% an d'Luucht gaangen. Doniewent schaffen haut 15% méi diploméiert Enseignants an eise Schoule wéi nach 1999. An niewent deenen 800 neien Enseignants, sinn elo schonns bis 2008 1.000 weider Enseignantsplaz virgesinn. All eenzel Reformen, sief et déi vum Inspektorat vum Concoursexamen, vun der Ofsecherung vun de Chargéen, vun den neie Programmer, oder déi zählräich Pilotprojeten, elo opzezielen, géif ze wäit féieren.

Des Regierung a besonnesch d'Educationsministesch Anne Brasseur huet eng Unterrechtspolitik an d'Wee geleet, déi jo net fir nâischt als Bildungsoffensiv bezechent gëtt. Eng Bildungsoffensiv, déi vill beweegt huet, wou awer nach esou munches ze maache bleift. Eng Bildungsoffensiv, där hir Noutwendegkeet zënter der PISA-Etüd och nei méi a Fro gestallt ginn ass, wat virun ëmmer de Fall war. Eng Bildungsoffensiv, déi souwiso net als eng eemoleg Aktioun geplangt war, mä déi villméi zu engem kontinuierleche Prozess muss ginn.

A wéi fir ze ënnersträichen, dass des Offensiv nach laang net wäert um Enn sinn, huet d'Madame Ministesch elo viru kuerzem eréischt dräi nei Projeten deposéiert. Dat sinn d'Reform vum CPOS, de Projet fir d'Aféierung vun engem Congé d'éducation an d'Kreatioun vun engem neie Lycée pour professions éducatives et sociales. Och des nei Projete weisen daitlech, dass den Erfolleg am Bildungswiesen an der Evolutioun an net an der Revolutioun läit. Den Ufank ass gemaach, also gëllt et des Aarbecht weider ze féieren, fir ons Schoulen op déi gesellschafts- a bildungspolitesche Erausforderunge vu muer virzebereeden.

Domadder wëll ech den Accord vun der Demokratescher Partei bréngen an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Ech gesinn hei op menger Lëscht, dass den Här Colombero net agedroen ass. Ech wollt d'Madame Reuter virhuelen, mä esou wéi et ass, Här Colombero, da kommt Dir dann elo, an duerno d'Madame Reuter. Wann Dir d'Gläichberechtigung net spille loosst, da sidd Dir vir.

Den Här Colombero huet d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Merci, Här President. Fir unzefänken e Merci un d'Rapportrice, d'Madame Agny Durdu, fir hire mündlechen a schréffleche Rapport. Et war kloer, dass no der PISA-Katastroph déi Responsabel vun der Education nationale sech eppes afale loosse missten. No dem PISA-Debakel ass jidderee waakreg ginn. Jiddereen - sief et d'Schüler, d'Elteren, d'Syndikater, d'Schoulpersonal, ouni wëllen d'Politiker ze vergiessen - hat ganz schnell eraus wat besser gemaach misst ginn, a jiddereen hat och ganz schnell eraus, wien de Schélege vun dëser Katastroph war. Et war jidderee schëlleg ausser eis führend Politiker, déi guer net dofir zoustänneg woren, an déi waren och frou, dass kee mam Fanger op si gewisen huet.

Wat eng Chance, wann een 20 Joer un der Spëtzt vum Educationsministère ass, an herno, wann eng Katastroph erabrëcht, da gëtt een emol net zur Rechenschaft gezunn. Esou eng Chance kann nëmmen déi Partei hunn, déi op hire Wahlplakater de Leit dobausse weise wëllt, wou de séchere Wee ass. Ob et elo de séchere Wee aus der Sakgaass eraus oder de séchere Wee an eng nei Sakgaass eran ass, dat spillt keng Roll.

Fakt ass, dass mir mat eise Schoulsystem hei déck beläffelt sinn. No dem PISA-Debakel an am Kader vun der Bildungsoffensiv versicht dese Gesetzesprojet, fir

d'Qualitéit vum Enseignement ze entwéckele mat zwou spezifesche Missiounen.

Éischtens den organiséierte Partenariat ze entwéckelen an zweetens eng limitéiert Autonomie anzeféieren. Hei gëtt versicht fir en Equilibre ze fannen tëscht dem Ministère, mat senger zentraler Décisioun, an de Lycéeën, déi méi fräi handelen a sech méi autonom um Terrain bewege kënnen.

Wat de Partenariat ugeet, sinn ausser der staatlecher Autoritéit, déi duerch den zoustännegge Ministère ausgeübt gëtt, d'Enseignanten, d'Schüler an d'Eltere mat agebonnen. D'Relatioun tëschent dëse Gruppe gëtt strukturéiert trotz enger verschiddener a komplexer Ausgangsbasis. Dëse Gesetzesprojet versicht e Gläichgewicht ze fannen tëschent enger Dezentralisatioun, déi genügend ass fir d'Kreativitéit an d'Innovatioun ze fördern, an enger Zentralisatioun, déi noutwendeg ass, fir d'Qualitéit an d'Kohärenz vun der Schouloffer ze kontrolléieren.

D'Autonomie ass u sech nëmme begrenzt, zum Beispill d'Fräiheet fir Spezialklasse kënnen ze organiséieren, d'Fräiheet fir verschidde Schoulprojeten, déi spezifesch vun engem Lycée sinn, kënnen auszeschaffen, an déi eng oder aner Fräiheet, wat d'Kontabilitéit vun den eenzelne Schoulen ugeet, kënnen ze bestëmmen.

Dëse Projet huet zum Deel en innovative Charakter. Hie stéisst awer trotzdeem u verschidde Grenzen. Esou fannen d'Elteren zum Beispill, dëse Projet géif net wäit genuch goen, an d'Professeren anerersäits fannen, datt dëse Projet ze wäit féiert. Alles an allem schafe mir hei e Klima mat verschiddene Spannungen, déi, esou menge mir, net ganz zum Virdeel vun der Schoul sinn.

Här President, ech wëll mat der Analys vun de verschiddenen Artikelen ufänken.

D'Schoul soll d'Kanner ausbilden an erzéien, datt ass richteg. E Schüler soll en Ofschlossdiplom kréie mat enger Culture générale, fir e responsable Bierger a Mënsch ze ginn. Mir bestinn drop, datt d'Schoul sech un dem Aarbechtsmaart orientéiere soll, fir ze verhënnern, datt nach méi Chômeuren entstinn.

D'Lycéeë kënnen verschidden autonom Aktiounen ënnerhuelen - an ech ënnersträichen d'Wuert kënnen - am Domän vun der Pédagogie, der administrativer Organisatioun an a finanzieller Hinsicht, dëst alles mam Accord vum Conseil d'éducation wou Schüler, Elteren, Professeren an och Direkteren dra vertrauede sinn. Dës Aktiounen sollen de Profil vum Lycée ausmaachen. D'Fro, déi ee sech hei muss stellen, ass, ob et net soll obligatoresch si fir esou autonom Aktiounen ze treffen. Et kënn ee jo awer d'Geforlafen, datt guer näischt am Lycée passéiert an et éischter fakultativ ass.

De Stonneplang kann och verännert ginn, ouni dräi Stonnen an der Woch ze iwwerschreiden, fir eng partiell pedagogesch Autonomie ze fördern. Esou kann ee sech virstellen, datt e Projet zur Drogebekämpfung an de Schoulen ausgeschafft gëtt, wat sécherlech zum Virdeel vun der Schoul wier.

Vergiesen dierf een awer net, datt den normale Schoulprogramm duerchgefuert muss ginn. Dofir kann een net beliebeg alles duerchzéie wat interessant ass. Wichteg ass et och dofir, datt d'Schoul bis zum leschten Dag funktionéiert, an net wéi elo, datt d'Vacanzen zwou Woche virum festgeschriwwenen Datum ufänken.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech kommen zum Artikel 11, deem hei scho kontroverséiert wor. Do steet geschriwwen, datt d'Organisatioun an d'Resultater vum Unterrecht an de verschiddene Lycéeë kënnen vum Erzéiungsminister éva-

luéiert ginn. Mir sinn der Meenung, datt dëst awer obligatoresch misst sinn, an d'Madame Rapportrice hat op der Säit véier vun hirem Rapport esouguer geschriwwen: «La commission suit les auteurs du projet de loi qui entendent faire évaluer par le Ministre l'organisation et les résultats des enseignements.

Comme la commission a introduit les projets d'innovation à l'art. 8 il s'en suit logiquement que l'évaluation des innovations pédagogiques doit également être entreprise.»

An deem Sënn, Här President, ginn ech en Amendement eran, fir am Artikel 11 datt Wuert „peuvent“ duerch „doivent“ kënnen ze ersetzen.

Amendement 1

L'article 11 - 1^{re} alinéa est amendé comme suit:

Art. 11 - 1^{re} alinéa: L'organisation et les résultats des enseignements des différents lycées doivent faire l'objet d'une évaluation par le ministre.

(s.) Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Merci.

D'Surveillance muss optimal funktionéieren. Et kann net sinn, datt d'Schüler an de Pausen an d'Geschäfte gi fir Alkohol ze kafen oder datt si an de Pausen Drogen zou sech huelen.

Am Artikel iwwert de Conseil d'éducation, wou d'Schüler, d'Elteren, d'Léierpersonal an den Direkter vertrauede sinn, kann en Direkter eng Décisioun vum Conseil ufechten. Dës Décisioun kann ee Mount en suspens gehale ginn. Wa keen Accord fonnt gëtt, dann décidéiert de Politiker, an anere Wieder de Minister.

Här President, ech mengen awer, dat hei ass de Contraire vun enger Autonomie. Eenzege Responsable muss den Direkter sinn an net de Politiker, dee souwisou seng Décisioun an engem reng elektoralesche Geescht hält.

Op eng ganz zolidd Kritik ass den Artikel 28 vum SPOS, datt heescht vum Service de psychologie et d'orientation scolaire, bei der APESS, dat heescht d'Associatioun vun de Professeren, gestouss, well dës Struktur dem Schouldirekter nëmmen op administrativem Plang ënnerläit. Dat heescht, datt den Direkter keng Handhab méi huet, ob eng psycho-sozioedukativ Aktioun duerchgefuert soll ginn oder net.

De SPOS ass esou e friemen Organismus, deem an der Schoul ugebonnen ass a praktesch tëschent dem Ministère an dem Direkter intercaléiert ass, ouni engem vun dësen zwee brauche Rechenschaft ofzeleeën. D'Associatioun vun de Professere fënn et och skandaléis, datt de SPOS den Unterrecht évaluéiert, eleng schonn dofir well d'Leit vum SPOS kee pedagogesche Stage vun héijem Niveau matgemaach hunn. Heimat, géif ech mengen, misst ee mat de Professeren awer d'accord sinn. Ech ginn dofir den zweeten Amendement eran, fir dat Wuert „administrative“ ze sträichen. Här President, merci.

Amendement 2

L'article 28 - 1^{re} alinéa est amendé comme suit:

Art. 28 - 1^{re} alinéa: Il est créé dans chaque lycée un service de psychologie et d'orientation scolaires placé sous l'autorité du directeur du lycée.

(s.) Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Den Direkter soll fir alles, wat an der Schoul geschitt, déi ganz Responsabilitéit droen.

En drëtten Amendement soll déi lescht Missioun vum SPOS sträichen. Merci, Här President.

Amendement 3

L'article 28 - dernier tiret:

Le dernier tiret est supprimé.

(s.) Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

D'Federatioun vun den Elterevereenegungen, d'FAPEL, ass och net ganz waarm mat dësem Gesetzesprojet. Si mengt, datt dëse Projet net demokratesch genuch wier. Si wëllt e Recht op eng méi grouss Participatioun a Matbestëmmung op alle schouleschen Niveauen, mat enger legaler Basis fir onofhängeg Comitéen an der Schoul an enger onofhängeger Federatioun op nationalem Plang. Dat alles soll materiell a finanziell besser encadréiert ginn, mam Zil fir déi verschidde schoulesch Partner méi ze responsabliséieren an de participative Geescht ze fördern.

D'FAPEL wëllt méi déif an d'schoulesch Struktur agräifen, mat zum Beispill engem anere Punktesystem. Amplaz Punkte fir Feeler ofzezéien, solle méi positiv Fäegkeete vum Schüler an der Vierdergrond gestallt ginn. Esou kënn den Schüler besser orientéiert gi gemäss hire Fäegkeeten a gemäss hire Präferenzen. Och sollen an den eenzelne Klassen differenzéiert Coursen ugebuede ginn, fir jiddfer Kand säin eegene Léierrhythmus ze erméiglechen.

Här President, mir gesinn op Basis vun dësen Aussoen, datt dëse Gesetzesprojet net d'Leisung vun eiser Bildungsnout wäert sinn, an trotz enger timider, zaghafter Ouverture si mer awer als ADR der Meenung, datt ee méi wäit muss goe fir international besser matmëschen ze kënnen, am Hibleck och vun der Lissabonner Strategie fir d'Joer 2010.

Fir den ADR ass dëse Projet e kleng Schratt no vir. Et bleift nach vill ze maachen. De Sekundarunterrecht misst eiser Usicht no no privatwirtschaftleche Grondsätz gefouert ginn, ouni déi öffentlech Schoul wëllen opzeginn. Déi verschidde Schoule sollen eng méi grouss Autonomie kréien an zueene a Konkurrenz trieden. E Verwaltungsrot, wou d'Elteren, d'Schüler an d'Léierpersonal vertrauede sinn, soll méi grouss Befugnisser kréien, wat de Budget an de Schoulplang ugeet. D'Rémunératioun vum Léierpersonal soll mat senger Leeschtung gekoppelt ginn, an d'Méiglechkeet vun engem Rappel à l'ordre bis zu enger Entloossung a schwierge Fäll misst envisagéiert ginn.

Et mussen all Joer, esou wéi an den USA, a Frankräich an an Däitschland, op nationalem Plang Fäegkeetstester agefuert ginn, woubäi d'Elterevereenegung eng Kontrollfunktioon an e Matentscheidungsrecht kritt. Dat ass gutt fir festzustellen, ob d'Bildungsvirgaben erreecht goufen oder net, wou Schwaachstelle sinn a wéi se ze behiewe sinn.

D'Allgemengbildung muss mat 18 Joer ofgeschloss sinn. D'Schüler vum modularen Unterrecht solle scho mat 12 oder 13 Joer mat enger praktescher Berufsausbildung ufänken, well d'Praxis scho bewisen huet datt et kee Sënn mécht, dës Schüler méi laang an engem theoreteschen Unterrecht ze loos-

sen. Wat déi ganz intelligent Schüler ugeet, esou mussen Eliteklasse geschafe ginn, fir datt si optimal fir een Opnahmexamen an den auslänneschen Universitéite virbereet ginn. Mir sinn och dofir fir um PITA-Test, dat heescht um Test fir d'Léierpersonal deelzehuelen, fir festzustellen, wéi et mat der Ausbildung vum Léierpersonal bestallt ass. Mir sinn dergéint, datt Alkohol an Drogenofhängeger d'Qualitéit vum Schoulunterrecht bëeträichten. Déi Drogenofhängeg sollen a Spezialklassen ënnerriicht ginn, wou d'Schoul mat der Drogentherapie verbonnen ass. Méi human a

méi alternativ Schoulmodeller mus-sen och favoriséiert ginn.

Fir ofzeschléissen, kënnen mir als Fraktioun mat dësem Projet net d'accord sinn. Ech weisen op eis dräi Amendementer hin. Et ass zwar eng Ouverture zu enger méi grousser Demokratiséierung an Transparenz am Schoulwiesen. Et ass net eis Idealvirstellung, mir sinn awer bereet fir all Verbesserung matzedroen. Et gëtt gesot, „alle Wege führen nach Rom“. Ech hoffen, datt dëse Projet eis op Room féiert an net op Pisa, wat bekanntlech niewent Room läit. Sieg an Nidderlag leie bekanntlech ganz no beieneen. Et hänkt alles vun der Strategie of, déi ugewannt gëtt.

(Interruption)

Mir als ADR loossen eis iwwerraschen, Här Loes, a mir wäerten eis bei dësem Projet hei enthalten.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen hei iwwert e Projet of, deem u sech misst eng grouss Bedeutung hunn. Bei enger ganzer Rei vu Problemer a Schwierigkeeten, déi mir an dëser Zäit hei zu Lëtzebuerg hunn, fällt ëmmer erëm den Hiweis op d'Zoustänn an eise Schoulen, an dass d'Politik endlech misst nei Jalonné setzen, dass mer nei Perspektive brauchen an dass eis gesamt Schoulpolitik misst ëmgekrempelt ginn.

Wann een deem heite Projet de loi kuckt, da muss ee soen, dass déi noutwendeg Reformen an Ännerungen nach ëmmer net oder héchstens ganz zaghaft ugaange ginn. Op deene ville Säite vun dësem Projet de loi steet ganz wéineg, wat net scho längst gewosst ass. Sécher, et ginn e puer Saachen endlech festgeschriwwen, déi längst iwwerfällg waren, awer essenziell Usätz feelen einfach.

Et huet an dësem Moment kee Wäert fir ze polemiséieren. Mir Gréng géifen d'Diskussioun ëm eis Lëtzeburgerer Schoul gäre sachelech a konstruktiv halen, well mir onbedéngt musse virukommen. Et kënn een awer net derlaanscht, seng Enttäuschung doriwwer auszedecken, dass dës Regierung zwar mat dem Versprieche vun enger grousser Bildungsoffensiv ugetrueden ass, mä dass doraus just e Stuerm am Waasserglas ginn ass. Et kënn een net derlaanscht fir musse feststellen, dass PISA zwar ëmmer erëm erwähnt gëtt, mä dass esou gutt wéi keng Konk-lusiounen gezu ginn oder Moossnamen ergraff ginn, fir déi fundamental Schwächen an eise Schoul-system unzegoen, déi PISA esou brutal entlarvt huet.

Dat vill zitéiert „back to basics“ war just e konservatiiv Schlagwuert, dat där ganzer Problematik eng komplett falsch Perspektiv ginn huet. Statt sech un deene Länner ze inspiréieren, déi erwisener-moosse méi en effikassen, kompetenten an eben och e gerechte Schoulsystem hunn, gouf bei eis op eng falsch Kontinuitéit an Tradition gesat a just e bëssen erëmgepléischert a sech virun der Verantwortung fir eng wirklech Reform an alle Beräicher vun eiser Schoul gedréckt.

Mir Gréng wëllen awer och hei festhalen, dass de Lëtzeburgerer Schoulsystem an iwwerhaapt déi ganz Situatioun an eise Schoulen esou verfuert ass, dass den Educatiounsministère net alles eleng ka maachen an dass och mat engem blousse Regierungswissel d'Saach net gerett ass. Déi verfuere Situatioun ass éischens net vun enger Regierungsperiod eleng ze verantworten, an zweetens féiert se déif an d'Struktur vun eiser Lëtzeburgerer Gesellschaft eran.

Mir Gréng sinn net midd ginn, konkret a praktesch verwäertbar Pro-

positionen ze maachen, fir d'Kar aus dem Dreck ze zéien. Virun allem hu mir Gréng och probéiert fir net op där enger Plaz dat eent an op där anerer Plaz dat anert ze fuerderen. Et war eis wichtig, dass mer e kohärenten Usatz entwéckelen, e Gesamtkonzept, an dass déi eenzel Mesuren dann och passe sollen. Mir all kommen nëmme viru wa mer vun esou engem Gesamtkader ausginn, an deem et keng festgefuere Positionen oder helleg Kéi gëtt, mä wou vun alle Säiten eng nei Verantwortung iwwerholl gëtt.

Unilateral Scholdzouweisungen, dass einfach d'Politiker schold sinn, déi sech aus elektorale Grënn virun onpopuläre Moosnamen drécken, oder dass all Schold op eis Enseignanté géif falen, déi net bereet wären, en neie Wand an d'Klassesäll eranzeblosen, oder dass et d'Eltere wären, déi hir Erzéiungsaarbecht géife vernoléis-sen, oder dass eis Kanner ëmmer méi domm ginn, féieren nëmmen zu engem Stellungskrich, aus deem näischt Positives a Konstruktives kann erauskommen. Déi rezent Gerichtsaffären, a wéi eenzel Schoulparteien domat ëmgaange sinn, si leider weider e Beispill dofir, wéi festgefuer d'Situatioun ass, an dass keng Säit wirklech bereet ass, eege Positionen ze hannerfroen oder där anerer Säit hiert berechtigt Bedenken ze verstoen.

Dëse Projet de loi schwätzt zwar vill vum Partenariat, beléisst et awer nëmme bei den Usätz, den Absichtserklärungen an de Selbstverständlechkeeten, a setzt kaum Akzenter, wéi de Partenariat ka konkret duerchgezu ginn, fir dass endlech Bewegung an eis Schoul kënn.

Mir Gréng proposéiere siwe Moosname fir eng besser Schoul. Siwe Moosnamen, déi sécher och net einfach ze realiséiere sinn, déi awer op där anerer Säit wirklech net onméiglech sinn a ganz vill wäerten an d'Weeër leeden. Gréng Bildungspolitik bedeit, dass d'Programmer sollen ofgespeckt ginn. Dat heescht net, wéi vill Concer-néiert fäerten, dass doduerch den Niveau erofgeet. Am Géigendeel. Doduerch dass een dat Wesentlech ervirhieft a manner Wichtige ewechléisst oder dem Choix vum Enseignant iwwerléisst, kann een dat, wat een onbedéngt wësse soll, verdéiwen an deem esou méi eng grouss Valeur bäisetzen.

Mir Gréng wëllen also an de Programm déi Grondkompetenzen a Grondkenntnisser festschreiwen, déi d'Elève matkréie sollen, an domat den Enseignanten oder engem Team vun Enseignanten de Fräiraum schafen, fir Inhalte ze verdéiwen, op déi spezifesch Bedierfnisser vun hirer jeeweileger Klass an-zegoen, oder och komplett nei Initiativen ze huelen an eegen Aktivitéiten duerchzeféieren.

Gréng Bildungspolitik bedeit och d' Aféierung vun neie Léiermethoden an eng Reduzéierung vum Frontalunterrecht. Mir wëssen, dass vill Enseignanten dat längst agesinn hunn, a mir Gréng wëlle se dobäi ënnerstëtzen. Duerch Projektaarbechten eleng oder am Team, thematesch Reportagen an eege Virträg erléieren d'Elève vill besser, vill méi grëndlech an och vill méi séier, sech nei Kompetenzen an nei Kenntnisser unzëeegene wéi duerch de frontalen Unterrecht, dee scheinbar nëmmen drop aus ass, d'Käpp mat Stoff ze fëllen, ouni dass en Elève léiert autonom domat ëmzegoen.

Mir Gréng gesinn doraus och d'Méiglechkeet, dass d'Elëven innerhalb vun hirer Schoulzäit u méi wéi engem Praktikum ausserhalb vun der Schoul deel kënnen huelen. Esou Praktikaen hannerloosse bleiwend Spuren an och gëtt dueren eestëmmeg festgestallt, dass Elève bei esou enger Geleeënheet méi geléiert hu wéi an engem Mount passiv an hirer Bänk. Esou kréie se éischt Erfahrung fir d'Beruffswelt an hu ganz aner Erfolgerserliefnisser, wa se dat, wat se ge-

léiert hunn, och praktesch kënne uwennen. A grad dat an der Praxis kënne unzewannen ass jo der PISA-Studie no ee vun eise Schwaachpunkten.

D'Motivatioun vun eisen Elève kënnen mer nëmmen erhéijen, wa mer hinne méi Rechter a méi Verantwortung ginn. D'Aféierung vun engem Comité des Élèves ass nëmmen den éischte Schrëtt. Et geet drëm och wierklech Weeër opzemaachen, praktesch Strukturen ze schafen, fir dass d'Schüler op méiglechste ville Pläng vum Liewen an der Schoul kënne mambestëmmen, an dat am Partenariat mam Léierpersonal.

Mir Gréng si fir méi gemeinsamen Unterrecht a géint déi regelrecht Segregatioun, déi grad hei zu Lëtzebuerg vis-à-vis vun den Ausländerkanner a vun de Kanner aus sozial schwache Schichte bedriwwen gëtt. Et kann een et net einfach ewechrieden, dass mir hei am internationale Verglach extrem schlecht ofschneiden. D'Zuele si bekannt, wéi ongläich dës Kanner sech iwwert de Secondaire classique, iwwert den Technique an iwwert de Modulaire verdeelen. A kengem Land ass dee Clivage, déi Diskrepanz esou grouss wéi hei zu Lëtzebuerg. Et steet am gläichen Zesummenhang, dass mir esou vill jonk Leit hunn, déi ouni Diplom, ouni Schoulof Schloss entlooss ginn. Um Enn vun hirem Wee steet dann d'Aarbeitslosigkeit an d'Oftrennung.

Gréng Bildungspolitik bedeit laangfristeg Aféierung vun engem Zesummebleiwen iwwert d'sechst Schouljoer eraus bis zum 15. Liewensjoer. Innerhalb dovun besteet Fräiraum, fir op individuell Schwächen an och op Begabung vum deenen eenzelnen Elëve anzugeen, zum Beispill duerch engersäits Stützcourses an anerersäits duerch gezielte Fördercourses.

Do wëllt ech och eng Motioun ofginn am Kader vun deene Cours d'appui.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant le taux d'échec élevé de l'école luxembourgeoise;*

- *considérant le nombre élevé d'élèves qui abandonnent l'école sans diplôme ou certificat et qui sont confrontés à un risque de chômage et d'exclusion sociale élevé;*
invite le Gouvernement à

- *généraliser l'offre de cours d'appui dans tous les lycées et à tous les niveaux par du personnel qualifié pour cette tâche;*

- *mettre à disposition les lignes budgétaires nécessaires pour la réalisation du projet d'appui;*

- *réformer le stage pédagogique des professeurs-stagiaires de manière à ce qu'un accent plus fort soit mis sur les méthodes pédagogiques pour aider les élèves ayant des difficultés d'apprentissage.*

(s.) Dagmar Reuter-Angelsberg, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Esou kann d'Chancëgläichheet och nach nom sechste Primärschouljoer erhalen bleiwen an eréischt méi spéit géif spezialiséiert ginn. PISA huet beluecht, an dat ass eigentlech och längst bekannt, dass schwach Elève grad esou vill vun hire méi staarke Matschüler kënne léieren a vun hinne kënne profitéieren, ouni dass dës an engem bestëmmte Beräich méi staark Elëve dobäi benodeelegt ginn.

Gréng Bildungspolitik bedeit och Aféierung vun enger méi konstruktiver an differenzéierter Bëuerteeilung vun deem, wat geléiert gouf. Dat soll eng Bëuerteeilung sinn, déi net d'Feeler bestrooft, mä déi d'Fortschrëtt belount. Doduerch entsteet bei den Enseignanten an den Elëve eng vill méi produktiv Approche, déi vill manner op Angscht a Bestrofung opbaut, mä op Selbstvertrauen, Ënnerstützung, Luef an Erfollegserlebnisse. D'Re-

sultat ass eng vill besser Motivatioun op alle Säiten.

Duerfir wëlle mir Gréng eng deskriptiv Versur aféieren, déi d'Kompetenzen, d'Stärkten an d'Schwächen vun de Schülerinnen a Schüler opléicht. Wann den Elève d'Schoul verléisst, kritt jiddereen - mir betounen jiddereen - en Diplom, an deem dat gesamte Spektrum vu senger Kompetenzen opgeléicht ass, deen dës Schülerin oder dës Schüler sech am Laf vu senger Schoulcarrière ugegengent huet.

Domat stellt eng Datz an engem Fach, soulaang dat Fach net zu Schlëselfächer vu senger Ausbildung gehéiert, keen Hindernis méi duer, fir en Ofschlossdiplom ze kréien. Dat géllt an héijem Mooss eben och fir Sproochen, déi esou zu enger Stärkt, zu enger Chance an net zu enger Barrière ginn, déi d'Leit ausschléist.

Zu deenen neien Usätz, déi vill méi konsequent musse gefördert ginn, gehéiert eng Reform vun der Ausbildung vun den Enseignanten a vun der Formation continue. D'Enseignant muss systematesch d'Geleeenheet kréien, hir Methodekompetenz ze erweiden, fir ënner Ëmstänn festgefuere Schinne kënne ze verlossen an op ëmmer erëm nei Situatiounen am Unterrecht kënne anzegoen.

Dozou wëllt ech och eng Motioun ofginn.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant les résultats des différentes études sur les performances des élèves de l'école luxembourgeoise, comme l'étude PISA, publiée en décembre 2001, ou le rapport «Éducation et formation 2010» de l'Union européenne, publié en mars 2004;*

- *considérant que l'école et les méthodes doivent constamment être adaptées aux besoins d'une société en évolution;*

- *considérant qu'à cette fin une évaluation continue de la qualité de l'école et de l'enseignement est nécessaire;*

- *considérant que les travaux d'évaluation faits par le ministère de l'Éducation nationale doivent être complétés par une évaluation externe;*

invite le Gouvernement à

- *mettre en place un Observatoire de l'école luxembourgeoise dans le cadre de la faculté pédagogique de l'Université de Luxembourg;*

- *donner à cet observatoire la mission et les moyens personnels et financiers d'évaluer d'une manière continue la qualité de l'enseignement dans les différentes écoles et lycées au Luxembourg ainsi que d'élaborer des mesures d'amélioration.*

(s.) Dagmar Reuter-Angelsberg, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Och hei mussen d'Strukture geschafe ginn, déi dës Formation continue ouni weider onnéideg Belaschtung vun den Enseignanten méiglech maachen. Zu dësen neien Usätz, déi mir Gréng net erfondt hunn an déi och vu ville Pedagoge selwer verlaangt an och zum Deel schonn duerchgezu ginn, gehéiert déi konsequent Aféierung vun der Teemaarrecht, déi engersäits den Enseignant a schwierere Beräicher net méi eleng stoe léisst an déi anerersäits et erlaabt, den Elève méi ganzheetlech ze betreien.

Gréng Bildungspolitik bedeit eng eescht Kultur vum Dialog a vun der gemeinsamer Verantwortung an der Schoul, an dat amplaz vu Recoursprozeduren. Eltere gi wuel virun hir Verantwortung gestallt, awer och an d'Schoulliewe matagebonnen an hu Matsproocherecht bei der schoulescher Orientéierung vun hire Kanner. Grad hei wier immens produktiv, wann all Sait géif d'Dialektik vun dësem Matsproocherecht akzeptéieren, dat heescht datt Eltere wéi och Proffen e Recht an eng Pflicht hu fir matze-

schwätzen, dass anerersäits awer och muss kloer sinn, wou Elteren oder Gerichter net kënne erschwätzen.

Et ass immens wichteg, dass begraff gëtt, wéi schwéier de Beruff vum Enseignant ginn ass, an dass de Rôle vum Enseignant erëm déi allgemeng Unerkennung kritt, déi e verdéngt. Zu deem neie Rôle gehéiert och, dass d'Léierpersonal méi Fräiraum kritt fir den Unterrecht ze gestalten an e grëssert Matsproocherecht kritt beim Opstelle vun de Schoulprogrammen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass keen Zoufall, wann an deene Länner an an deenen d'Schoulen, déi an der PISA-Etüd excellent Resultater opweisen, wéi zum Beispill an der Helene-Lange-Schule zu Wiesbaden, all déi Leit, déi an enger Schoul zesummekommen, eben dës Schoul als hir Schoul ëmfannen, zu där si eng enk Bezéiung hunn an déi si als Deel vun hirem Liewe gesinn.

Usätz dozou si sécher och hei bei eis ze fannen. Et gëtt där och hei am Land an et sinn der net weeneg, déi an deem Sënn schaffen, mä déi Usätz ginn net ëmmer gefördert. Dozou gehéiert, dass ee Strukture schaaft, duerch déi Elëve eben och iwwert déi normal Unterrechtszäiten ewech kënne an der Schoul bleiwen oder an d'Schoul kommen. D'Wichtigkeet vun de përiscolairen Aktivitéiten muss méi wéi jee unerkannt ginn. Eng Schoul, an där nëmme geléiert gëtt, ass eng aarm Schoul. Dozou gehéiert also och, dass an eiser Schoul kulturell Wäerter vermittelt ginn. Am Moment ginn do net déi richteg Schwéierpunkte gesat. D'Reduzéierung vu Museks- a Konschunterrecht huet do sécher ee ganz falscht Zeeche gesat.

Zesummeffaassend wëll ech lech soen, dass mir Gréng wuel eng Autonomie entscheidend begreifen, dass dës Autonomie de Stat awer net aus senger Verantwortung därer entloossen, an dëst am Interesse vun der öffentlecher Schoul. Vill vun dësen noutwennege Mesuren, ënner anerem wat den Equipement vun eise Schoule verlaangt, kënne net genuch betount ginn.

Iwwert dës Projet de loi bleift ze soen, dass hien eis op dem schwéiere Wee vun eise Schoulweise kaum weider hëllef, vill ze vill oft eben déi falsch Zeeche setzt. Duerfir kënne déi Gréng en net stëmmen. Ech soen awer der Madame Rapportrice merci fir hiren ausféierleche Bericht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Erziehungsminister Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géng gären, éier ech zu dëser Debatt Stellung huelen, e Rapport op Ärem Büro déposéieren, wou ech lech géng bidden dee virun ze ginn un d'Membere vun der Commission de l'Éducation nationale. Mir haten am November 2000 hei eng Debatt iwwert d'Schoul vun der Integratioun. Do huet d'Chamber eng Motioun gestëmmt mat 24 Punkten. Am Ministère hunn ech gekuckt, dass déi Punkte géngen ëmgesat ginn, dass de Wësch an de Suggestiounen an den Décisiounen vun der Chamber géng Rechnung gedroe ginn. En éischte Rapport hutt Der de 14. Dezember 2001 kritt, en zweete Rapport den 2. Abrëll 2002. Dëst ass den drëtten Rapport iwwert déi Integratioun an der Schoul an ech wëllt lech soen, dass déi 24 Punkten, déi an der Motioun waren, ëmgesat gi sinn oder amgang sinn ëmgesat ze ginn.

Da wëllt ech, Här President, en zweete Pabeier hei déposéieren, an zwar en Avant-projet de loi iwwert d'Formation professionnelle, d'Berufsausbildung, déi jo enorm wichteg ass, wou d'Regierung vrun annerhallef Woch en Avant-projet de loi ugeholl huet, deen ech och schonn der Tripartite „Formation professionnelle“ konnt virstellen. Et ass also en Avant-projet de loi, deen elo soll esouwäit wéi méiglech diskutéiert gi vun alle concernéierte Milieuen, an ech géng lech och bidden dësen Text iwwert den Apprentissage an d'Formation professionnelle un d'Chamberkommission weider ze reechen.

(Mme le Ministre Anne Brasseur dépose un rapport au sujet de l'intégration scolaire et un avant-projet de loi concernant la formation professionnelle.)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer hei diskutéieren, ass d'Resultat vun enger ganzer Rei vu Consultatiounen a vu Concertatiounen mat ganz ville Schoulpartner. Ech wëll deenen, déi zu där Diskussioun bäigedroen hunn, och wann d'Meenungen ausernaner gaange sinn, e grouse Merci soen. Fir d'éischt wëll ech den Deputéierte merci soen, déi a sechs Sitzungen dës Projet analyséiert hunn, déi a sechs Sitzungen dës Projet amendéiert hunn an ech wëll allen Deputéierte e grouse Merci soen, an och der LSAP fir déi schréffleche Amendementen, déi se erabruucht hunn, wou Verschiddener konnt ugeholl ginn, anerer awer net. Mä Merci geet un d'Présidentin vun der Kommission, d'Madame Agny Durdu, déi och de Rapport gemaach huet an déi wierklech probéiert huet a ganz ville Sitzungen, dat do am Detail mat der Kommission ze analyséieren.

De Conseil d'État huet a sengem fondéierten Avis eng ganz Rei vu Virschléi gemaach. Virschléi, déi och vun der Kommission zum Deel ugeholl si ginn. Am Fong hunn am Text ganz vill Virschléi vum Conseil d'État hiren Nidderschlag fonnt.

Am Ministère sinn d'Diskussiounen iwwert dësen Text schonn 2001 ugaange mat engem Groupe d'accompagnement. An dësem Groupe d'accompagnement woren d'Enseignanten, d'Direkteren, d'Elteren an d'Schüler vertrueden, an déi kruten en éischten Text den 30. September 2001 virgeluecht. Dës Grupp huet net manner wéi 6-mol siégéiert.

De Conseil supérieur de l'Éducation ass mam Text befaasst ginn. De Collège des Directeurs krut den Text ënnerbreet, genee wéi d'Syndikater, d'Elteren an d'Schüler. Ech selwer hat eng Rei Entrevu mat de Schoulpartner.

Opgrond dovun sinn erëm eng Rei Annäuerunge virgeholl ginn an d'Konferenze vun de Schüler si konsultéiert ginn, genee wéi d'Konferenze vun de Schoule selwer an och aner Ministere. All déi Concertatiounen a Consultatiounen hunn dozou gefouert, dass en definitiven Text de 6. Dezember 2002 vum Regierungsrat ugeholl ginn ass. En Text, deen ech hei an engem groussen Débat, dee mer haten iwwert d'Schoul, den 29. Januar 2003 konnt déposéieren.

Bei deene verschiddene Punkte wor trotz alle Beméiungen - mir hate jo vill Concertatiounen - net ëmmer eng Eenegung ze fannen, an an deem Fall ass et dann um Minister ze tranchéieren an eng Suggestioun ze maache fir d'Texter un d'Kommission. D'Majoritéit vun der Kommission huet esou eng ganz Partie vun de Virschléi ugeholl.

Et ass besonnesch de Punkt vun der Repräsentativitéit, deen diskutéiert ginn ass, dee kritiséiert ginn ass, souwuel vun den Eltere wéi och vun den Enseignanten an den Enseignantengewerkschaften. D'Fédération vun den Elteren ass der Meenung, dass am Conseil d'éducation - dat heescht, an all Schoul

kënn e Conseil - missten all d'Partner, d'Paritéite vertruede sinn. Dä Meenung sinn ech och an et ass jo och zréckbehale ginn am Text.

Den Text gesäit nämlech vir, dass an dem Conseil d'éducation d'Schoul mat véier Vertrieder, Enseignanté vertrueden ass, an dass d'Elteren an d'Schüler och véier Vertrieder hunn. Et huet een also engersäits d'Schoul mat véier Vertrieder an anerersäits d'Utilisateuren, wann een dat kënnt esou nennen, mat véier Vertrieder. Alldéngs gëtt et d'Fédération vun den Elteren déi gären hält, dass et en Drëttel wier, dat heescht dass d'Schüler an d'Elteren zwee Drëttel vun der Repräsentativitéit hätten an dann d'Enseignanten een Drëttel.

Ech muss lech soen, dass d'Enseignanten net kënne domat d'accord sinn, an ech och net kann domat d'accord sinn, well ech mengen, dass d'Paritéit awer hiergestallt ass tëschent engersäits den Usageren vun der Schoul an anerersäits der Institution Schoul selwer.

Et huet een also missen, vu dass et hei contradictoire wor, tranchéieren, an ech hu gemengt et misst een et bei deem urspringlechen Text loosse.

En aneren Diskussiounspunkt vun den Elteren an der Petitioun, déi mer soumettéiert kruten, wor deen iwwert d'Évaluation vun de Schüler. Ech muss lech soen, dat ass jo an dësem Gesetzestext iwwerhaupt net beréiert an huet och mat dësem Projet de loi näischt ze dinn, sou dass ech op dee Punkt och net hei wëll agoen.

D'Elteren, déi hätten och gär gehat, dass fir all Schoulass Elterendelegéierte géinge gewielt ginn. Ech opposéiere mech net där Iddi, wann d'Schoul da mengt si soll dat maachen, an dat soll ee jo am Kader vun der Schoulautonomie, vun der Charte scolaire maachen. Wann eng Schoul mengt d'Elterevertrieder sollen um Niveau vun der Klass gewielt ginn, kënne se dat maachen. Ech sinn awer net der Meenung, dass de Gesetzgeber soll virschreiwen, wéi se sech sollen organiséieren.

Eng weider Fuerderung vun der Fédération vun den Eltere wor materieller Natur, dass se Ënnerstützung kréische raimlech, mat Maschinnen, mat Equipementen, fir dass se kënne an de Schoule schaffen. Ech sinn der Meenung, dass all Schoul dat op där Plaz soll mat de Schoulpartner regelen a menger Meenung no ass do och eng Léisung ze fannen. Et ass net um Législateur mengen ech fir an den Detail ze goen, dass een e Büro op enger bestëmmter Plaz kritt.

D'Fédération vun den Elteren, wëll ech lech soen, gëtt och scho säit Jore staatlechersäits ënnerstëtzt, engersäits duerch e Loyer dee bezuelt gëtt fir se fir Büren hei an der Stad, an anerersäits duerch d'Subventioun fir eng hallefdaags administrativ Kraaft.

D'Gewerkschaften vun den Enseignanten hätten och gär d'materiell Bedingungen am Gesetz festgehalen gehat. Woubäi ech einfach der Meenung sinn, dass dat net an de Gesetzestext gehéiert.

Aner Punkten, déi vun de Gewerkschaften haaptsächlech ënnerstrach gi sinn, ass dee vun der Kompetenzerweiderung vum Conseil d'éducation, an e ganz groussen Deel vun deene Punkten, déi se am Virfeld, éier mer den Text déposéiert hunn, opgeworf hunn, sinn och am Text zréckbehale ginn.

D'Hauptoppositioun vun de Gewerkschaften kënnt duerch d'Positioun vum Direkter. D'Gewerkschaften sinn der Meenung, dass d'Positioun vum Direkter ze staark ass. Ech muss lech soen, dass ech frou sinn, dass d'Majoritéit an der Kommission meng Propositionen suivéiert huet an dem Direkter och déi Kompetenzen an déi Méiglechkeete gëtt fir seng Responsabilitéit ze erfëllen.

Ech sinn nämlech net der Mee-
nung, wéi d'Madame Delvaux,
dass een eng Compétence collé-
giale an eng Direction collégiale
soll hunn, mä den Direkter muss
wierklech d'Responsabilitéit hunn
an e muss och d'Moyenë kréie fir
déi Responsabilitéit kënnen aus-
zefëllen. En Direkter muss selbst-
verständlech vu sengem Schoul-
gebai ënnerstëtzt ginn, mä wann
een e Collège des Compétences
mécht, dann huet een eng Dili-
toun vun de Kompetenzen an da
kann en dee Rôle net méi esou
erfëllen, wéi eng Schoul, a mengen
Aen, misst organiséiert ginn. Dat
ass also eng politesch Décisioun,
déi hei geholl gëtt, an ech si ganz
kloer fir hierarchesch Kompeten-
zen, déi esou opgebaut sinn, wéi
mer dat am Text zrëckgehalen
hunn.

Am ursprénglechen Text war ee
Punkt dran, wou den Direkter, wann
am Conseil d'éducation d'Partner
sech net eens waren, en Droit de
veto hat, fir ebe verschidden Déci-
siounen net einfach ze blockéieren.
Deen Droit de veto ass awer eraus-
geholl ginn an do sinn ech och der
Meenung, dat wier ze wäit gaan-
gen. Dunn hu mer festgehalen,
dass den Direkter muss probéiere
fir d'Leit op een Nenner ze bréngen
a wann en dat net fäerdeg bréngt,
dann ass et de Minister, deen
d'Responsabilitéit do muss huelen.
Ech muss lech soen, dass de
Conseil d'État och déi Positioun
vum Text ënnerstëtzt an deelt an e
seet, domat wieren d'Rechter vun
deene verschiddene Partner ge-
wahrt.

Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, bei der Diskussioun iwwert
d'Representativitéit ass am Fong
de But vun dësem Gesetz an den
Hannergrond geroden. Et geet
nämlech hei drëm eng Struktur an
e Kader fir ons Lycéeën ze scha-
fen, déi hinnen et erméigleche
sech als Schoul esou ze entwëcke-
len, dass se déi méi spezifesch Be-
soinen an Aspiratioune vun de
Schüler kënnen a Considération
zéien an deene Besoinen an Aspi-
ratiounen och kënnen gerecht ginn.

Bis elo gouf et eng Rei vu Prakti-
ken, vu Reglementer a vun Dispo-
sitiounen, mä déi stoungen net
kohärent an engem Text zesum-
men. De But vun dësem Projet de
loi ass et, all déi Texter kohärent an
e Ganzt ze maachen, fir dass mer
elo e Projet de loi, en Text aus en-
gem Goss hunn, wou de Fonction-
nement vun de Lycéeë virgesinn
ass. A verschidde Schoule gouf et
verschidde Praktiken, et ass gesot
ginn: Elo gëtt et näischt neies. Mä
mir hate keng Base légale fir dat ze
maachen an et ass awer wichteg,
dass een eng Base légale kriit. Wat
hei zum Beispill och eng Neiierung
ass, de Comité des Professeurs an
de Comité des Parents kréien elo
eng Base légale. Si hu wuel virdu
bestanen, mä mir hate keng ge-
setzlech Basis.

Ech wëll hei net op all Punkten
agoen, déi si vun deene verschi-
dene Riedner beliicht ginn, virun
allem och vun der Madame Durdu
als Rapporteur. Ech wëll just e puer
Punkten nach eng Kéier ënnersträ-
chen. Dat éischt ass dee vun der
Autonomie. Et schéngt mir enorm
wichteg ze sinn, dass mer eng
Base légale schafen, dass
d'Schoule kënnen autonom Projets
pédagogiques entwëckelen an
dass mer heifir an dësem Gesetz
de Kader schafen, deen engersäits
net ze rigide däerf sinn, well et
muss een engem e Spillraum loos-
sen, op där anerer Säit musse mer
awer garantéieren, dass de
Schoulprogramm agehale gëtt an
net dass et op eemol ausufert, well
dat wier net am Intérêt vun de Kan-
ner.

Et ass also wichteg, dass mer hei
d'Méiglechkeet fir méi pedago-
gesch Autonomie schafen, an déi
ass schonn am Versuch a ver-
schidde Schoulen duerchgeféiert
ginn. Zum Beispill ass an enger
Schoul festgestallt ginn, dass
d'Schüler wierklech de Besoin hät-
te fir méi franséisch ze maachen,

an dunn hu se aner Fächer anesch
organiséiert an doduerch och méi
franséisch de Kanner enseignéiert.
Anerer pochen zum Beispill op
d'Sciencen.

Nieft där pedagogescher Autono-
mie gëtt et och d'Autonomie finan-
cière, an do hunn d'Schoulen eng
enorm Responsabilitéit. Wa se déi
Autonomie financière wëllen, dann
ass et net nëmmen eng Opération
comptable, déi se musse maa-
chen, mä an där Autonomie finan-
cière hu se eng gewëssen Enve-
loppe a mat där musse se hir
Schoul géréieren. Mir hunn zwee
Lycéeën an deene mer dat auspro-
béiert hunn, sou dass mer Erfah-
rungswäerter hunn, wat déi Enve-
loppe da muss sinn. An esou kann
dann zum Beispill eng Schoul, wa
se eng Enveloppe huet a si spuert
Energiekäschen, well se dorop op-
passt, da falen déi Suen d'nächst
Joer net an d'Économie - an ech
fannen dat ekologesch an och pe-
dagogesch sënnvoll -, déi Sue kë-
ne se da fir pedagogesch Projeten
huelen. An ech fannen dat e gud-
den Usaz, esou dass een d'Auto-
nomie financière wierklech och
kann notze fir an d'Pedagogie
afléissen ze loossen. Allerdéngs
bréngt dee Volet vun der Autono-
mie vill méi Flexibilitéit, mä op där
anerer Säit fuerdert en awer och vill
méi Responsabilitéit vun alle
Schoulpartner.

Den zweeten Aspekt, dee wichteg
ass, dat ass dee vun der Charte
scolaire. All Schoul muss sech eng
Charte scolaire ginn. Eng Charte
scolaire, déi vun de Partner ze éla-
boréieren ass an an där Charte
scolaire ginn d'Droits an d'Devoirs
vun de verschiddene Schoulpart-
ner définéiert, mä et kann awer och
doriwwer eraus de Profil vun der
Schoul définéiert ginn an et kann
doriwwer eraus eng Charte geholl
ginn, firwat si sech als Schoul be-
sonnesch asetzen. Et ass der
Schoul iwwerlooss, wéi si déi -
Charte scolaire mat alle Schoul-
partner wëllen aushandelen. An all
Schüler, deen an déi Schoul kënnt,
kritt déi Charte scolaire, wann en
dann an der Schoul ageschriwwen
ass, iwwermëttelt a muss sech och
engagéieren, déi Charte scolaire
ze respektéieren.

En drëtten Aspekt, deen duerch
dëst Gesetz geregelt gëtt, ass,
dass an all Lycée Spezialklasse
kënnen geschafe ginn. Dat si
Sportsklassen, wéi se beispillsweis
elo am Lycée Aline Mayrisch fon-
ctionnéieren, et kënnten awer och
Klasse si fir Museker oder et kë-
nnen och Klasse si fir Integratioun
vu Kanner à besoins spécifiques.

D'Madame Delvaux hat virdu ge-
sot, do géif näischt an dësem Pro-
jet stoen. Et ass festgehalen, dass
Klasse beispillsweis kënnen dofir
geschafe ginn, an d'Madame Dur-
du huet dat och virdrun an hirem
Exposé gesot, genee wéi Klasse
kënnen geschafe gi fir Kanner, déi
extra douéiert sinn. An da kënnen
och Classes à régime linguistique
geschafe ginn, an hei gëtt d'Base
légale elo kreéiert, dass Classes à
régime linguistique kënnen kom-
men, well mir hunn déi Sprooch-
vielfalt an am Secondaire tech-
nique ass et jo esou, dass
d'Sprooch en Atout soll si fir en Di-
plom ze errechen, mä net eng
Barrière, an dofir hu mer eng ganz
Partie Formatiounen, Klasse mat
Régime linguistique spécifique.

An, Här President, mir hunn eng
ganz einfach Publikatioun ge-
maach, fir och d'Elteren an d'Schü-
ler ze informéieren. Ech géing och
esou eng Publikatioun hei zur Infor-
matioun hannerleeën.

De véierte Punkt, deen ass vu vil-
len ugeschnidde ginn, dat ass
d'Évaluation vun der Schoul selwer.
Bis elo hu mer vun der Evaluatioun
vun de Schüler geschwat, mä
d'Évaluation vun der Schoul, vun
den Enseignement, vun der Qua-
litéit vun der Schoul ass eppes, wat
mir net an onsem Gebrauch bis elo
hunn. Or, wa mer soen Autonomie,
wa mer soe vill Projete sollen dé-
veloppéiert ginn, da mussen déi och
évaluéiert ginn, fir dass een och

d'Qualitätsstandarde kann halen.
Well wat mer zu Lëtzebuerg mus-
sen hunn, ass, dass mir eng
Schoul müssen hunn, déi gutt fon-
ctionnéiert, mä och eng Schoul, déi
ganz héich Qualitätsstandarden
huet, an dofir brauche mer eng
Evaluatioun. Eng Evaluatioun déi
intern ass an eng Evaluatioun déi
extern ass.

Wat déi Diskussioun ubelaangt, déi
hei geféiert ginn ass, ob déi public
ginn oder net, do muss ech soen,
dass selbstverständlech d'Resulta-
ter net däerfen am Tirang ver-
schwannen, wéi dat hei suggé-
réiert ginn ass. Wat ech wëll évi-
téieren, dat ass, dass mer op
eemol e Ranking vu Schoule kréi-
schen, well do Saache matenee
verglach ginn, déi awer net mat-
eneen ze vergläiche sinn, an dass
dann do an deem Ranking Schoule
géinge penaliséiert ginn. Dat wier
ongesond an et ass dat wat ech
wëll évitéieren. Ech wëll awer op
jidde Fall, dass déi Evaluatioun
esou gemaach gëtt, dass och déi
richteg Konklusione kënnen draus
gezu ginn, well soss nützt d'Eva-
luatioun näischt. Dat ka jo net de
l'art pour l'art sinn.

Dann de fënnefte Punkt, deen ech
wollt ervirsträichen, dat ass dee
vun der Prise en charge vun de
Schüler. Fréier war d'Schoul e Lieu
d'enseignement, haut ass et méi
wéi e Lieu de formation et d'en-
seignement, haut ass et e Lieu de
vie, an dofir brauch een en Enca-
drement vun de Schüler. Si müssen
orientéiert ginn, si musse psycho-
logesch assistéiert kënnen ginn an
et muss och en Appui scolaire kë-
nnen organiséiert ginn, an d'Sur-
veillance gehéiert och dozou. Ech
hu vun Ufank u gesot, mir brau-
chen eng Schoul, wou sech ëm
den eenzelne Schüler gekëmmert
gëtt, an et ass dat wat ech gären
hätt an et ass dat och wat hei an
deem Projet zum Ausdrock kënnt.

Dann d'Strukture vun der Participa-
tioun. De Conseil de classe gëtt hei
festgehalen, deen et awer scho
gouf. Wat nei ass, ass e Conseil de
discipline, well bis elo huet de
Conseil de classe dat gemaach an
et ass schlecht, wann ee „juge et
partie à la fois“ ass. Nei ass och
d'Conférence du Lycée, wou all
Acteuren, déi am Lycée professio-
nell schaffen, an där Konferenz be-
dedeegt sinn. Dat ass esouwuel de
Bibliothécaire wéi och den Enseig-
nant. Dat ass also nei. Et sinn och
vill Schoulen, déi dat schonn esou
praktizéieren, mä ech fannen, jid-
dereen, dee sech an der Schoul
ëm d'Schoul këmmert, ëm d'Kan-
ner këmmert, soll och an där
Conférence du Lycée vertruete
sinn.

An da kënnt de Conseil d'éduca-
tion dobäi, dee wierklech elo eng
nei Ausrichtung an eng nei Verant-
wortung kritt. E Conseil d'éduca-
tion, wou paritétesch Vertrieeder
dra sinn. Dat hunn ech uganks ge-
sot. Engersäits d'Enseignantë mat
véier Vertrieeder an anerersäits d'El-
teren an d'Schüler mat jeeweils
zwee Vertrieeder, esou datt do den
Equiliber hiergestallt ass. Dee
Conseil d'éducation huet am Fong
d'Fonction, wann ee wëllt ver-
gläiche mat engem Conseil d'ad-
ministration vun enger Entreprise,
fir d'Politike vum Haus mat ze
bestëmmen, mat ze definéieren. Si
müssen hiren Accord gi fir auto-
nom pedagogesch Projeten. Si
mussen d'Charte scolaire akzep-
téieren, well do si jo d'Partenaires
scolaires. Si müssen de Budget
aviséieren. Si aviséieren och
d'Rapporten iwwert d'Evaluatioun,
an do si jo d'Elteren och derbäi. Et
ass also net, datt d'Elteren do géin-
gen ausgeschloss ginn. Si müssen
och beispillsweis hiren Accord iwwert
d'Horaire ginn, wou all Partner
musse matagebonne ginn.

Iwwert d'Missioun vum Direkter
hunn ech am Ufank geschwat, wou
ech wierklech der Meenung sinn,

datt den Direkter enorm wichteg
Missiounen huet, wou déi wich-
tigste déi ass, datt en de pedago-
gesche Contrôle vun der Schoul
muss maachen an datt en och
d'Inspektioun muss kënnen maa-
chen, datt d'Programmer agehale
ginn. Ech wier frou, wann dat net
misst sinn, mä mir wëssen awer,
datt d'Realitéit esou ass, datt et lei-
der noutwendeg ass, an et muss
een dem Direkter och d'Méiglech-
keet ginn dës Missiounen all ze
erfëllen.

Dann nach ee Wuert zu de Servicer
vun de Lycéeën. Do ginn d'Ser-
vices de psychologie et d'orienta-
tion scolaire fir d'Schoul méi mat
agebonnen. Schoulbibliothéike
ginn elo emol iwwerhaapt kreéiert.
Déi hate bis elo nach keng Base lé-
gale. Et goufen zwar Bibliothécai-
ren, mä et schéngt mer och wich-
teg ze sinn.

D'Restauration scolaire gëtt an all
Gebai virgesinn an en Internat
kann och kreéiert ginn, an do sinn
ech der Madame Durdu hirer Mee-
nung, datt mer där nach net ge-
nuch hunn. Öffentlech Internater,
och wa gëschter zu Dikrech de
Bauprojet vun engem vun der Bau-
teverwaltung virgestallt ginn ass.
Dat erméiglecht ons dann eng
Prise en charge ze huelen, déi méi
komplett ass.

Iwwregens, et gi scho Schoulen,
déi eng Offre scolaire bis véier
Auer hunn. Dat ass beispillsweis
de Mamer Lycée, mä nëmmen
10% vun de Schüler maachen do-
vu Gebrauch.

An dann d'Inscription prioritaire,
Här President. Déi ass virgesinn
am Plan sectoriel an am Kader vum
Aménagement du territoire muss
dat esou sinn. Dat gëtt eng Garan-
tie, datt ee sech kann aschreiwen
an dee Lycée, wou een am noots-
ten derbäi wunnt. Dat heescht
awer net, datt een net däerf an en
anere Lycée goen. De Choix be-
steet awer nach, esou laang Plaz
an engem anere Lycée ass. Dofir,
fir et nach eng Kéier ze verdäit-
lechen: Et wier jo wierklech onsën-
neg wann een, deen um Lamperts-
biereg wunnt, um Lampertsbiereg
keng Plaz an enger Schoul géng
fannen, op Bouneweg an d'Schoul
géng goen, well ee vun Diddeleng
um Lampertsbiereg ageschriwwen
ass. Et muss een einfach kucken,
datt d'Kanner fir d'éischt emol do
ënner Daach komme wou se wun-
nen, a wann dann nach Plaz ass,
dann ass fir déi aner d'Méiglech-
keet dohinner ze goen.

Dat sinn déi Punkten, Här Presi-
dent, déi ech wollt relevéieren. Ech
wëll lech soen, datt mer dräi Amen-
dementer krute vum ADR, wou ech
d'Kommissioun bieten déi net un-
zehuelen.

Da krute mer nach zwou Motiounen
vun deene Gréngen iwwerreecht,
iwwert den Appui scolaire, datt
Lignes budgétaires missten do
sinn. Selbstverständlech musse
mer dat ënnerstëtzen, datt de
Stage pédagogique misst refor-
méiert ginn, datt se solle méi op
pedagogesch Inhalter gemaach
ginn. Ech muss soen, dat ass
eppes wat meng Appréciatioun
och huet. Ech fannen, datt den
theoretischen Iwwerbau, deen op
deem Stage ass, eng Zoumud-
dung fir d'Stagiaires ass an näischt
bréngt. Mä ech mengen awer, datt
et och näischt bréngt, datt mer à
ce stade déi hei Motioun unhuelen,
esou datt ech géng der Chamber
proposéieren déi ze verwerfen, ge-
nee esou wéi déi zweet Motioun,
d'Mise en place vun engem Obser-
vatoire vun der École luxembour-
geoise. Ech hunn en Observatoire
kreéiert, mä ouni formell dat ze
maachen, iwwert d'Qualité des en-
seignements am Ministère, an hei
gi Personalmoyenë virgesinn. Ech
mengen, mir hu Moyenë fir dat do
auszefëllen, esou datt ech lech
géng proposéieren, Här President,
datt d'Chamber déi Motiounen net
esou unhëlt.

Dann zum Schluss, Här President,
Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech
all Deputéierte merci soen, datt dë-
se Projet haut hei konnt debättéiert

ginn. Et ass nämlech enorm wich-
teg, datt en elo nach gestëmmt
gëtt, well d'Schoul fonctionnéiert
nun eemol esou, datt all déi Dispo-
sitiounen, déi mer huelen, bei der
Rentrée applicabel ginn. Wann et
net méiglech gewiescht wier elo
nach dëse Projet ze stëmmen, da
kënnten d'Schoulen net mat dësem
Text den nächsten Hierscht ufän-
ken. An ech muss lech soen, datt
eng ganz Partie Schoulen op dë-
sen Text effektiv waarden, esou
datt dat enorm wichteg ass.

Dëse Projet setzt viraus, datt all
Schoulpartner seng Responsabili-
téit muss kréien. E muss déi Res-
ponsabilitéit och huelen a mat där
Responsabilitéit muss en dozou
bäidroen, datt seng Schoul am
beschten Intérêt vun der Forma-
tioun an der Education, am wäi-
teste Sënn vum Wuert, vun de Kan-
ner an de jonke Leit bäidréit. Dat
setzt natierlech viraus, datt ee Ver-
trauen huet an all Schoulpartner.
An ech muss lech soen, Här Presi-
dent, ech hunn dat Vertrauen.

Ech soen lech villmools merci.

■ **M. le Président.**- D'Diskus-
sioun ass elo ofgeschloss. Mir
kommen zur Lecture vun den Arti-
kele vum Projet de loi 5092.

**Lecture du texte du projet de loi
(par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 10 si gelies an
ugeholl.

Den Artikel ass gelies.

Amendement 1

Zum Artikel 11 hu mer en Amende-
ment virleie vum Här Jean Colom-
bera. Deen Amendement ass vir-
gedroe ginn. Dir hutt e schrëftlech
virun lech leien, esou datt mer di-
rekt kënnen driwwer ofstëmmen.
Mir stëmmen of iwwert de virleien-
den Amendement vum Här Colom-
bera.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi de-
géint si mat Neen oder si enthalte
sech.

Den Amendement ass verworf mat
40 Nee-, 6 Jo-Stëmmen an 1 Abs-
tentioun.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombera
(par M. Jean-Pierre Koepp), Gast
Gibéryen (par M. Robert Mehlen),
Fernand Greisen (par M. Aly Jaer-
ling), Aly Jaerling, Jean-Pierre
Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Lucien Clement
(par M. Nicolas Strotz), Marcel Gle-
sener, Norbert Hauptert, Nico Loes,
Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar,
Mme Ferry Nicklaus-Faber, M.
Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.
Théo Stendebach, Nicolas Strotz,
Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et
Claude Wiseler (par M. Théo Sten-
debach);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot
Belling (par M. Gusty Graas), Xa-
vier Bettel, Niki Bettendorf, Emile
Calmes (par M. Xavier Bettel),
Mme Agny Durdu, MM. Gusty
Graas, Paul Helming, Alexandre
Krieps, Claude Meisch (par M. Niki
Bettendorf), Mme Maggy Nagel,
MM. Jean-Paul Rippinger, Marco
Schroell (par Mme Simone Beissel)
et John Schummer (par Mme Mag-
gy Nagel);*

*Mmes Mady Delvaux-Stehres, Ly-
die Err, MM. Jean-Pierre Klein,
Jeannot Krecké, Mme Lydia
Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M.
Jean-Pierre Klein), Georges Wohl-
fart (par M. Jeannot Krecké) et
Marc Zanussi;*

*MM. François Bausch (par Mme
Dagmar Reuter-Angelsberg), Ca-
mille Gira, Jean Huss (par M. Ca-
mille Gira), Mmes Dagmar Reuter-
Angelsberg et Renée Wagener.*

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Den Artikel 11 ass also ugeholl an
där Form, wéi e vun der Kommis-
sioun virgeschloe gouf.

D'Artikelen 12 bis 27 si gelies an
ugeholl.

Den Artikel 28 ass gelies.

Amendement 2

Beim Artikel 28 hu mer dann erëm
en Amendement vum Här Colom-

bera virleien, deen och verdeelt ginn ass. En ass erkläert ginn, esou dass ech mengen, dass mer direkt kënnen iwwert deen Amendement 2 vum Här Colombera ofstëmmen.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement 2 ass verworfen mat 41 Nee-, 7 Jo-Stëmmen an 1 Abstention.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Lucien Clement (par M. Nicolas Strotz), Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps) et John Schummer (par Mme Maggy Nagel);

M. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Amendement 3

Den Här Colombera huet zum Artikel 28 nach en drëtten Amendement abruecht, deen lech och virläit, deen och explizéiert ginn ass. Da géinge mer dann elo iwwert deen Amendement 3 ofstëmmen.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement 3 ass verworfen mat 41 Nee-, 7 Jo-Stëmmen an 1 Abstention.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Lucien Clement (par M. Nicolas Strotz), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Maggy Nagel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et John Schummer (par Mme Simone Beissel);

Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jean-Pierre Klein), Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Domat ass den Artikel 28 ugeholl an där Form wéi e vun der Kommission virgeschloen ginn ass.

D'Artikelen 29 bis 46 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wär d'Lecture ofgeschloss a mir kéimen zum Vote vum Projet de loi 5092.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 31 Jo-, 16 Nee-Stëmmen a 7 Abstentionen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement (par M. Nicolas Strotz), Mme Marie-Josée Frank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Paul Helminger), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps) et John Schummer (par Mme Maggy Nagel).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry (par Mme Lydie Err), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par Mme Lydia Mutsch) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener; M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

An da kéime mer elo zum nächsten an zum leschte Projet...

(Interruptions diverses)

Ah, d'Motiounen nach, jo.

Motion 1

Dir hutt zwou Motiounen virleien. Dir hutt se och explizéiert kritt, esou dass ech mengen, dass mer direkt kënnen ofstëmmen.

■ Une voix.- Par main levée.

■ M. le Président.- Par main levée?

■ Une autre voix.- Oh neen, op kee Fall!

■ M. le Président.- Et géing méi séier goen.

■ Une voix.- Oh neen, neen, neen!

■ Une autre voix.- Et ass awer méi schéin.

■ M. le Président.- Et kéim awer op datselwecht eraus.

(Interruptions diverses et hilarité)

Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun 1.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 1 ass verworfen mat 30 Nee-, 21 Jo-Stëmmen an 1 Abstention.

Ont voté oui: M. Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement (par M. Nicolas Strotz), Mme Marie-Josée Frank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps);

M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err).

S'est abstenu: M. Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp).

Motion 2

An da stëmme mer of iwwert d'Motioun 2.

Vote

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Motioun 2 ass verworfen mat 30 Nee- géint 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), Marie-Josée Frank (par M. Nicolas Strotz), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger et Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps).

Domadder wier also dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen zum lesch-

te Projet de loi vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Diskussion vum Projet de loi 5113 iwwert de Conseil économique et social. Et sinn ageschriwwen bis elo: déi Häre Bodry, Rippinger, Gibéryen an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

2. 5113 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil économique et social et portant modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

■ M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5113 huet als Objet, fir d'Gesetz vum 21. Mäerz 1966 iwwert de Conseil économique et social ofzeänneren. De Projet ass den 1. Abrëll 2003 an der Chamber deponéiert ginn. D'Avisé vun de Beruffschamberen hu mer kritt vu Mee bis November 2003, den Avis vum Conseil d'État de 16. Mäerz 2003.

Opgrond vu verschiddene Remarque vum Conseil d'État huet d'Kommission e puer Amendementen gemaach, an zwar de 26. Mäerz 2004, an deen zweeten Avis vum Conseil d'État ass de 27. Abrëll komm. Dee war positiv zu den Amendementen, déi d'Kommission gemaach hat.

Gläichzäiteg mat deem heite Projet hu mer allerdéngs och d'Proposition de loi 5036 examinéiert, déi hei an der Chamber déposéiert ginn ass vun den Deputéierten.

(Interruption)

Dach, Madame, mir hu se examinéiert, an zwar nëmmen deen Deel, dee sech mam Conseil économique et social befaasst hat, well de Rescht net an d'Kommission eragaangen ass. Dat war net vun der Kompetenz vun eiser Kommission.

Déi Proposition de loi ass hei déposéiert gi vun den Deputéierte Garcia a Gira. Si betrëfft d'Schafung vun engem Institut national du développement durable; an duerch d'Schafung vun deem Institut, dat gewëssen Aufgabe vum Conseil économique et social sollt iwwerhuelen, waren d'Auteuren der Meinung, da géif de Conseil économique et social iwwerflësseg ginn an et kënn een deen ofschafen an d'Aufgabe vum Conseil économique et social dem Institut national de développement durable iwwerdroen.

Wéi mer déi Proposition de loi an deem dote Kapitel examinéiert hunn, hu mer allerdéngs festgestallt, dass déi Aufgaben, déi hei vum Conseil économique et social op dat Institut iwwerdroe solle ginn, een Deel vun den Aufgabe si vum Conseil économique et social, mä net alleguer seng Aufgaben, a besonnesch och net déi nei Missiounen, déi de Conseil économique et social duerch dat heite Gesetz sollt kréien. Dofir ware mer der Meinung, dass mer net an déi d'Richung géinge goen. Och d'Majoritéit vun der Kommission huet sech der Proposition ralliéiert, fir deen dote Virschlag net unzuhuelen.

De Projet de loi, dee mer haut hei virleien hunn, gesäit vir, engersäits d'Missioun vum Conseil économique et social ofzeänneren, zweetens gesäit e vir, dass d'Kommission soll ofgeännert ginn, an drëtens de Statut vum Personal.

Fir d'éischt, wat d'Missioun vum Conseil économique et social ugeet, wëll ech hei rappeléieren, datt de Conseil économique et social ee konsultatiivt Organ ass vun

der Regierung, wat och op d'Demande vun der Regierung oder op Eegeninitiative sech fir déi ekonomesch, finanziell a sozial Problemer soll interesséieren, déi verschidde Secteure vun der Economie oder déi ganz Economie interesséieren. Zweetens soll en all Joer ee Rapport maachen iwwert d'Situation vum Land, wou dann och d'Situations économique, financière et sociale ze berücksichtegen sinn.

Déi Objektiv bleiwe voll a ganz bestoen, mä d'Missioun gi preziséiert a complétéiert doduerch, dass de Conseil économique et social och ee Rôle vu Coordinateur an ee Rôle vu Concertatioun soll kréien um regionalen an europäeschen Niveau.

De Conseil d'État ass mat deem dote Rôle d'accord. Domat géif och den Dialogue social am Conseil économique et social weider gefördert ginn. De Conseil d'État huet allerdéngs rappéléiert, dass de Conseil économique et social net an der Procédure législative involvéiert ass, dass en also net gefrot brauch ze ginn, wann d'Projeten unhängeg sinn. Domat huet de Conseil d'État eigentlech nâischt Neies gesot. Dat ass elo schonn esou. Et hätt een eng aner Meinung kënnen hunn, wann ee deen alen Text gelies huet - dat ass awer net de Fall. Et war zwar gutt, dass de Conseil d'État et rappéléiert. Hie wollt deen Text, wou e gemengt huet, e wär zweideutig, ofgeschaaft hunn. Där Meinung war d'Kommission allerdéngs net, sou datt deen alen Text bestoe bleift an déi nei Missioun komme bái.

Zweete Punkt ass d'Zesummesetzung vum Conseil économique et social, déi opgebaut ass op der paritéitescher Verriedung vun de Sozialpartner a vu Regierungsvertreder. An der jëtzege Zesummesetzung kënnen och véier Membere cooptéiert ginn; déi Méiglechkeet gëtt an deem heiten Text ofgeschaaft. Also, d'Membres cooptés falen ewech. Derniewent gëtt d'Zuel vun de Membere vum Conseil économique et social vu 35 op 39 eropgesat. Et kommen also véier nei Membere bái. Véier nei Membere plus déi cooptéiert, déi net méi cooptéiert ginn, mä déi awer als Member bestoe bleiwen, ginn tëschent de Sozialpartner verdeelt, sou dass d'Zuel vun de Membere vun dem Groupe patronal vu 14 op 18 kann eropgoen an déi vum Groupe salarial och vu 14 op 18. Déi dräi Membere vun der Regierung bleiwe bestoen. Dat maachen zesummen 39 Membere. Och déi Proposition ass vun de Chambres professionnelles an och vum Conseil d'État ugeholl ginn.

Eng drëtt Ännerung betrëfft de Statut vum Personal. D'Personal vum Conseil économique et social hat bis elo de Statut vun den Employés publics, opgrond vum Gesetz vum 1972. Et gëtt hei proposéiert, souwuel vum Conseil économique et social selwer wéi och vun der Regierung, fir dem Personal de Statut vum Fonctionnaire ze ginn, well et eng öffentlech Verwaltung wär a well kee Statut besser géeegeet wär, der Situation vun dem Personal vum Conseil économique et social Rechnung ze droen. Och dat féint den Accord vun deene verschiddenen Instanzen, déi gefrot si ginn.

Allerdéngs ass een Text dran, mat deem de Conseil d'État net d'accord war. Am Text stoung dran, dass de jëtzege Generalsekretär, deen agestatt ass als Employé, als Fonctionnaire genannt géif ginn. De Conseil d'État seet, dass opgrond vum Artikel 35 de Grand-Duc d'Fonctionnaires nennt, dass doduerch de Pouvoir vum Grand-Duc ageschränkt wär. De Conseil d'État hat een aneren Text proposéiert. D'Kommission war allerdéngs der Meinung, et géing duergoen, wann ee géif soen „peut être nommé“, an net „est nommé“; domat wären d'Pouvoirs vum